

deenen doten Entwécklungen och gerecht ze ginn.

Ech wëll also ofschléissend dem Här Krieps soen, dass mer d'Aarbechte vum Aarbechtsgrupp ofwaarden an dann ze tranchéieren hunn, a wat fir eng Richtung dass mer hei ginn; hätt awer haut schonn de Préjugé favorabel fir ze mengen, dass een net ëmmer ze vill reglementéiere soll.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ieschter Fro, dat ass déi vum honorabelen Här Mehlen un de Landwirtschaftsminister iwwert dat neit Agrargesetz. Här Mehlen!

- **Question N°206 du 18 juin 2007 de M. Robert Mehlen relative à l'état d'avancement de l'élaboration de la nouvelle loi agraire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

**Question N°207 du 19 juin 2007 de M. Charles Goerens relative à la nouvelle loi agraire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Den Zoufall wollt haut, datt de Moien an der Agrarkommissioun schonn iwwert dee Sujet geschwat ginn ass, mä vu datt d'Fro awer vun öffentliche Interess ass, ass se sécher derwärt fir hei nach eng Kéier widerholl ze ginn.

Här President, zënter dem 31. Dezember d'lescht Joer ass dat aalt Agrargesetz ofgelaf. Mir sinn an engem Vide juridique de Moment. Et ass awer wichteg fir d'Betriben, datt eng deementspriedend Législatioun do ass. Et muss ee wëssen, datt d'Betriben Planungsécherheet brauchen, datt dat Agrargesetz traditionell e Finanzéierungsgesetz ass, wat zu engem groussen Deel d'Finanzkonditiounen, d'Aide financière festleet fir d'Restructuratioun an d'Modernisatioun an de Betriben.

Mir sinn elo praktesch sechs Méint ouni Gesetz. Mir wëssen, datt Gespréicher lafen tëschent Bréssel a Lëtzebuerg, datt mer déi ganz Prozedur do mussen duerchlafen. Trotzdeem wär et Zäit, datt mer do géifen en Enn gesinn, datt mer vun der Plaz kéimen.

Duerfir meng Froen un de Minister: Wou si mer drun an där ganzer Prozedur? Wat wëllt de Ministère hei zu Lëtzebuerg maachen, fir de Projet de loi esou séier wéi méiglech kënnen op den Instanzewee ze bréngen? Wat sinn - last but not least - d'Pronosticë vum Minister fir d'Ëmsetzung vun dësem Gesetz?

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Den Här Goerens huet eng Fro, déi an déiselwecht Richtung geet. Här Goerens, stellt déi direkt, da kann den Här Minister déi zwou matenee beäntwerten.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, meng Fro huet och Bezuch op dat neit Agrargesetz. An zwar, wéi mäi Virriedner scho gesot huet, ass dat aalt ofgelaf de leschten Dezember 2006. Et sinn zwar Virkéierunge getraff ginn, fir déi Dispositiounen auslafen ze loossen. Toujours est-il datt mer elo nach keen neit Gesetz hunn.

Mir haten och schonn de Moien an der Agrarkommissioun Rieds doriwwer. Meng Fro war awer virdu schonn eragereecht, an dat, wat ech wollt spezifesch zousätzlech froen, ass Folgendes:

Mir kenne jo der Kommissioun vu Bréssel hire Programm vun 2007 bis 2013. D'Lëtzebuerger Regierung huet doropshin eng Virlag gemaach. Déi hu mer och schonn an der Agrarkommissioun diskutéiert. Ech ginn och dovun aus, datt d'Regierung amgaang ass, en Avant-projet de loi auszuschaffen.

Mir wëssen awer och, datt elo no der iwwernächster Woch dann nach eng Woch Chamber kënnt an dann, virum hallwe Juli, wäerte mer ophalen, an dann hu mer déi éischt utile Sëtzung, wou mer kéinten e Gesetz verabschiden, wa mer bis dohinner fäerdeg wieren, uganks Oktober. Ech mengen, et misst een da prett sinn. Et hânt natierlech of vun der Kommissioun vu Bréssel.

Meng prezis Fro ass déi, ob de Minister eis elo scho kéint de façon informelle en Avant-projet de loi an d'Agrarkommissioun ginn, fir datt mer kéinte mat eisen Examenen, Analysen ufänken. A wann dann de Bescheed vu Bréssel definitiv do wier, dann hätte mer duerno nëmmen just nach brächten den offizielle Projet de loi ze diskutéieren, en Examen des articles an e Commentaire dozou ze maachen. Da kéint d'Gesetz esou séier wéi méiglech a Kraaft trieden, fir och der Landwirtschaft dobausse Planungsécherheet ze ginn.

Ofschléissend, Här President, wollt ech lech soen, datt ech an deem Zesummenhang och e Bréif ginn hunn, fir d'Agrarkommissioun ze froen - wann de Minister bereet wär, eis den Avant-projet de loi ze ginn -, esou séier wéi méiglech mat hiren Examenen unzefänken.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Voilà! Dann huet den Här Landwirtschaftsminister Fernand Boden d'Wuert.

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi den Här Mehlen an den Här Goerens gesot hunn, hu mer de Moien an der Agrarkommissioun iwwert dës Problematik diskutéiert. Ech hunn och erkläert, wou mer dru sinn. Ech wëll dat dann och hei nach eng Kéier maachen an am Detail soen, wéi d'Prozedur gelaf ass.

Den 11. August 2006 hu mer op informell Aart a Weis der Kommissioun déi Haaptfichen, wat d'Moosnamen ubelaangt vum PDR, zougestallt. Dat konnte mer net offiziell maachen, well d'Applikatiounsreglementer vun der Kommissioun eréischt méi spët komm sinn. Den 19. Dezember hu mer dat dann offiziell op Bréssel geschéckt. De 7. Februar 2007 huet d'Kommissioun eis éischt Observatiounen a Remarquen zougeschéckt, a mir hunn de 16. Februar - also eelef Deeg duerno - dunn der Kommissioun eng kompletéiert Versioun vum PDR zougeschéckt, a si huet dee Moment deklaréiert, datt eise PDR ricevabel wär.

Dat heescht also, de Startpunkt ass de 16. Februar 2007. D'Kommissioun huet en Délai vu sechs Méint, fir de PDR ze approvieren. Dat heescht, si huet Zäit bis an den August. Do muss een natierlech wëssen, datt all Kéiers wa se Observatiounen a Remarquë maachen, d'Zäit gestoppt gëtt. Dat heescht en fait, wa se nei Remarquë maachen, geet dat iwwert déi sechs Méint eraus, esou datt se Zäit hunn op d'mannst bis Métt September, ier se mussen den Accord ginn.

De 6. Juni, also viru ganz kuerzer Zäit, huet d'Kommissioun dann elo offiziell Stellung bezunn an eis éischt Observatiounen a Remarquen zu eisem PDR zougestallt. Mir sinn amgaangen eis Äntwerte fäerdeg ze stellen, an ech kann lech nëmme soen, datt d'Kommissioun ëmmer ganz vill Froen stellt, Bemierkunge mécht an Argumentatioune gären hätt.

Mir hunn och Kontakt opgeholll mat der Kommissioun, fir datt dat soll esou gutt an esou schnell wéi méiglech geschéien, datt net duerno erëm nei Froen a Problemer opgeworf ginn. Mir wäerten Enn vun dëser Woch oder Ufank nächster Woch der Kommissioun eis Äntwerten zoustellen.

Um Kalenner huet d'Kommissioun de Moment virgesinn, datt an hirem Comité Développement rural - dat ass dee Comité, deen de PDR approvüiert - den 19. September 2007 eise PDR zur Sprooch kënnt.

Den Här Goerens an den Här Mehlen hu gefrot, wéi wäit eis Viraarbechte fir d'Agrargesetz sinn. Ech hat dat scho gesot hei an der Chamber. Mir hunn ugefaange mat de Viraarbechten. Mir si relativ wäit fortgeschratt, sou datt mer zimlech kuerzfristeg eisen Avant-projet kënne fäerdeg stellen. Mä Dir wësst, datt een et nëmme kann definitiv maachen, wa mer den Accord vu Bréssel hunn.

Mir hate jo och - an dat ass och eng Fro vum Här Goerens gewiescht, déi e mer eraginn huet - de Besuch vun der Kommissärin den 31. Mee hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn natierlech och bei deem Besuch, zwar net den Detail, mä den Timing vum PDR ugeschwat. Mir hunn d'Madame Kommissärin drop higewisen, datt mir hei eng laang legislativ Prozedur hunn, wat déi aner Länner net kennen. Dat muss een och vläicht eng Kéier iwwerleeën, ob een ëmmer esou ka virufieren. Mir mussen also nach e Gesetz maachen, nodeem datt den Accord vu Bréssel komm ass. Dat dauert jo eng gewëssen Zäit.

(*Interruption*)

Neen, neen a Frankräich geet dat iwwer en Décret, an an anere Länner. Dat geet rapidissime.

(*Interruption*)

Neen, et muss jo awer bei d'Chambre professionnell goen, déi mussen Avisë maachen; et muss bei de Conseil d'État goen, dee muss en Avis maachen, an da kann een et eréischt an der Chamber diskutéieren.

E Gesetz geet net an enger Woch, dat wësse mer alleguer. Dat heescht, et ass eng laangwiereg Prozedur.

Mir hunn d'Kommissärin also sensibiliséiert, fir Efforten ze maachen, fir eise PDR net eréischt am September ze approvüieren an hirem Comité, mä schonn am Juli. Si war och ganz op fir déi Saachen, mä si sot, si hätten an der Kommissioun eng ganz Rei vun aneren Direction-généralen ze consuléieren, déi och hiren Avis mussen ofginn. Dat ass och eng laangwiereg Prozedur. Ech kann lech dat do duerfir net garantéieren.

Dat heescht, wa mer elo Ufank nächster Woch eis definitiv Remarquen eraschécken, da geet dat an déi Consultatioun. Wann et zäitlech méiglech ass, dann hoffe mer, datt dat nach am Juli op den Ordre du jour vun dem Comité kënnt, wann net, wéi gesot, dann ass et programméiert fir den 19. September.

Mir wäerten awer trotz allem de Projet de loi wëllen am Juli dem Conseil de Gouvernement virleeën, fir datt deen approvüiert gëtt, an dann och an déi néideg Consultatioun schécken, datt domadder kann ugefaange ginn, wéi hei och gefrot ginn ass - quitte datt mer wëssen, datt eventuell nach no deem 19. September, wann den Accord vu Bréssel kënnt, dat eent oder anert vläicht ofgeännert muss ginn.

Dat ass jo awer éischter, géif ech soen, fir d'Reglementer, wéi datt dat elo direkt fir d'Gesetz ass - obschonn een dat net auschléisse kann. Mä ech sinn op fir déi Sugestioun, datt mer soen, loosse mer kucke fir am Juli en Accord vum Conseil ze kréien, da gi mer de Gesetzesprojet op den Instanzewee, da ka jiddfreen an der Vakanz sech dat zu Gemitt féieren, an da kënne mer vläicht och relativ fréi an der Chamberskommissioun ufänken doriwwer ze diskutéieren. Mir wëssen alleguer, datt d'Avisen dovunner net wäerten am August geschriwwen ginn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat si mer um Enn vun dësem Punkt vun eisem Ordre du jour ukomm.

Mir kommen elo zu der Diskussioun vum Projet de loi 5607 iwwert d'Schafung vun engem Lycée op Belval. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgellecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Hetto, den Här Meisch, d'Madame Loschetter an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här...

(*Interruption*)

Jo, zum Fait, dass mer Är Informatiounen extrem spët kruten, si se och nach inverséiert. Da maachen ech dat och nach richtig. Dann huet elo den honorabelen Här John Castegnaro als Rapporteur d'Wuert.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President!

» **M. le Président.** - D'Madame Brasseur huet d'Wuert.

## 4. Ordre du jour

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Ech wollt eng Fro zum Ordre du jour stellen, an zwar, ob mer zwou getrennten Diskussiounen maachen?

Mir hunn drop gehalen, dass déi Projeten haut sollen zesummen hei an de Plenum kommen. Dat eent, dat ass iwwert de Bau vum Lycée an dat anert iwwert de Fonctionnement. An dat entsprécht och enger Motioun, déi d'Chamber virun e puer Joer geholl huet, fir datt et ons net passéiert, dass mer e Bau dostoen hunn, deen net ka funktionnéieren, well mer deen Text nach net hunn.

Esou wéi ech et an der Kommissioun verstanen hat, sollt dat och mateneen diskutéiert ginn, quitte dass verschidden Orateuren och do sinn, mä dat eent gräift awer an dat anert an. An duerfir géif ech proposéieren, dass mer fir d'éischt déi zwee Rapporteure géifen héieren an dann all d'Orateuren, well et ass ganz schwéier an der Diskussioun dat eent vun deem aneren ze trennen.

» **M. le Président.** - D'Conférence des Présidents hat dat anescht gesinn, mä wann dann awer, Madame Brasseur, Äre Wunsch sollt op breet Zoustëmmung hei an deem Haus stoussen, dann hunn ech näischt dergéint. Dat d'autant plus elo schonn déi zoustänneg Ministesch, d'Madame Delvaux, present ass.

Sinn d'Fraktiounen mat der Proposition vum der Madame Brasseur d'accord?

(*Assentiment*)

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Merci, Här President.

» **M. le Président.** - Da maache mer dat esou. Fir d'éischt also elo den honorabelen

Här Castegnaro an duerno d'Madame Andrich-Duval, an da maache mer d'Diskussioun. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 5607 - Projet de loi portant création d'un lycée à Belval

## 5657 - Projet de loi relatif à la construction d'un lycée d'enseignement secondaire et secondaire technique à Belval

## Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, mir fueren dann e bëssen ëmgedrëint am Géigesaz zu fréier. Mir schwätzen dann haut fir d'éischt iwwert de Fonctionnement an duerno baue mer dann de Lycée. Mä am Endeffekt ass dat egal.

Doduerch, dass mer dat elo liicht änneren, erlaben ech mer dann och zwou, dräi lwwerleeunge méi ze maachen, déi vläicht iwwert déi vum Rapporteur erausginn.

(*Interruption*)

Et kënnt een de Mëtteg soen: Schonn erëm en neie Lycée! Mä a sech ass dat jo eng gutt Saach, well mer konfrontéiert si mat enger Zounahm vu ronn 1.000 Schüler am Préscolaire pro Joer an domadder an enger Situatioun sinn, déi eis an d'Enkt dreift, an doduerch eben e staarken Handlungsbedarf besteet. Et ass also net vu Muttwëll, dass mer hei ewell regelméisseg nei Lycéeën décidéieren.

De Lycée, dës Kéier zu Belval, dee soll ab September 2010 de Betrib ophuelen. Virausgesat, an ech widerhuele mech, dass dat héicht Haus herno net nëmme de Projet 5607 votéiert, mä och de Projet 5657, wou et dann ëm de Bau vun deem Lycée geet. Mä wéi gesot, dat soll der Kaz kee Bockel maachen, et soll virun allem e konkret Resultat dobäi erauskommen.

Mir wëssen, ech hunn dat ervirgestrach am Ufank, dass mer mat enger regelrechter Schülerexplosioun an de leschte Jore konfrontéiert sinn, an domat quasi an en Noutstand am gesamte Schoulberäich eragerode sinn, well mer souwuel Infrastrukturen hunn, déi feelen, wéi och beim Léierpersonal Problemer hunn, wat jo op där anerer Säit zum Resultat huet, dass mer mat enger anerer Problematik konfrontéiert sinn, nämlech mat där vun de Chargés de cours, wou mer jo och drop waarden, eng Léisung ze fannen.

Begrëssenswäert ass, dass mer an de leschte Méint eben eng ganz Rei vun Décisiounen iwwert de Bau an de Fonctionnement vu Lycéeë getraff hunn. Aner Décisiounen stinn aus, wa mer deem Problem wëlle bäikommen.

Ech wëll haut hei ervirsträichen, dass mat der Realiséierung vum Lycée Belval an hoffentlech och geschwënn dem Lycée Jonglënster mer eigentlech dat ëmgusat hunn, wat am éischte Plan sectoriel «Lycées» virgesinn ass an och huet missen ëmgusat ginn.

Ech wëll meng Hoffnung ausdrécken, dass mer schnellstens en zweete Plan sectoriel «Lycées» kréien, fir dass mer och geziilt déi zweet Phas do kënnen ugoen, fir déi iwwerfällg, well noutwendeg Realiséierung - also Bau a Fonctionnement vu Lycéeën - ze erméiglechen, an dass parallell derzou jo och nach eng Etüd leeft, déi Opschloss soll ginn iwwert déi feelend noutwendeg sportlech Infrastrukturen am Schoulberäich, an dass dat Ganzt dann och ofgewéckelt gëtt, net nëmme am Sënn vun de Plans sectoriels, mä och am Sënn vum IVL an deene Regeln, déi mer eis do selwer virginn hunn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ouni dem zweete Plan sectoriel wëlle virzepräifen, erlaben ech mer e puer lwwerleeungen:

Éischters, mir däreffe keng Zäit verléiere bei der Opstellung an duerno der Realiséierung;

zweetens musse mer d'Prioritéite richtig aschätzen, dat heescht, d'Standuerter



richteg auswielen, also no bei der Mass vun de Schüler, och Rechnung droen, dass déi Lycéeën eng gutt Ubannung zum öffentlechen Transport hunn, an och derzou bäidroen, dass eng Entlaaschtung vu bestehende Lycéeë méiglech ass.

Do bidde sech eng Rei vu Standuerter un, wann een deem wëllt einfach virausgräifen. Ech denken un den Nordstad-Lycée, mä ech denken och un Déifferdeng a Beetebuerg-Diddeleng, déi sech hiergi fir de Bau vun zousätzleche Lycéeën, no deene Prinzipien, wéi ech se virdru genannt hunn.

Mir hunn an der Kommissioun um Rand vu Belval iwwert déi Problematik forcément diskutéiert. Ech wollt dat och haut hei esou gesot hunn. Mir mussen dem Wuesstum an deene Regiounen, wou e wirklech stattfënnt, Rechnung droen an entspriechend och vun der Proximitéit vum Bau vun de Lycéeën eben optimal Léisunge fannen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapport vun eiser Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle gëtt ausféierlech en lwwer- an en Abléck iwwert den Objet vun deem Projet de loi, deen haut zur Diskussioun an zur Décisioun steet. Mir wëssen an der Tëschenzäit alleguer, dass dee Lycée Belval op deem elo scho legendäre Site Esch-Belval soll gebaut ginn, an domat innerhalv vum Pôle d'enseignement Sud.

De Lycée Belval erlieft dat, wat aner Lycéeë virun him erlieft hunn, nämlech e beschtméiglechen - ech hoffen optimalen - Encadrement, fir kënnen den Échec scolaire op en absolute Minimum ze reduzéieren, andeem och dem Léierpersonal d'Ausübung vu senger eigentlecher Tätigkeet a Missioun erliichtert gëtt. Mir schwätzen hei vun engem Lycée, dee ronn 1.500 Schüler erwaart an dee sech opdeelt an 81 Klassen. Et ass also eng méi, wéi am Rapport vun eiser Kommissioun steet. Ech wollt dat domat rectifiéiert hunn.

Vun deenen 81 Klasse fonctionnéieren der 66 à plein temps. Mir hunn 171 Enseignants, déi d'Ofleef solle garantéieren, nieft deene 37 un zousätzlechem Personal, wat hiert derzou bäidréit, fir eben eng optimal Organisatioun ze erméiglechen. Dat si Leit am administrative Beräich; dat si Psychologen; dat sinn Assistants sociaux; zwee Educateurs gradués; fënnef Educateurs; Handwierker an esou weider.

Wat d'Dénominatioun «Lycée Belval» ubelaangt, esou geschitt déi op der Basis vum Artikel 46 vum Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vun de Lycées an de Lycées techniques, wou jo och festgehale gëtt, dass déi Lycéeën, wou eng Mëschung vu Lycée classique a Lycée technique besteet, duerchaus d'Bezeichnung «Lycée» dierfen droen; also en tout court «Lycée Belval» an deem Fall hei därerf heeschen. D'Kommissioun huet och drop gehalen, dat esou durchzezéien, trotz den Awänn vum Statsrot.

Fir de Rescht war de Statsrot positiv, am Géigesaz eigentlech zur Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi zwar de Prinzip vun der Schafung vum Lycée Belval net a Fro stellt, mä Bedenken zum Konzept vun neie Lycée umellt, ouni allerdéngs ze preziséieren, wat dann d'Suergen oder d'Kritike kéinte sinn.

Mä virun allem mécht déi Chamber sech Gedanken iwwert déi 37 Leit, déi also zousätzlech zu den Enseignants agestellt ginn. Déi Suerge beruffe sech eigentlech op d'Problematik vun den Décharges bei den Enseignants, déi hirer Meenung no ganz oder drastesch kéinte reduzéiert ginn, wat eigentlech net den Hannergrond vun den lwwerleungen, souwuel vun der Madame Minister nach vun den Diskussiounen an eiser Kommissioun, war. An da schlussendlech setzt déi Chamber sech kritesch dermat ausernee, dass nëmme fënnef Educateurs géife recrutéiert ginn; wat hirer Meenung no ongenügend wier, fir déi Aufgaben, déi déi hätten, kënnen ze erleedegen.

Bon, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll net op weider Detailer hei agoen. Ech wëll just e puer Schwéierpunkten zu deem Lycée Belval ënnersträichen:

Éischtens: De Lycée ass gutt accessibel iwwert d'Strooss an iwwert d'Eisebunn. Bei der Eisebunn gëllt dat awer nëmme fir ee Wee, net fir deen aneren. Do hoffe mer, dass iergendwann eng Kéier an der Zukunft dann och Léisunge kënnen fonnt ginn.

Zweetens: De Lycée Belval soll bestehend Lycéeën an deem Pôle Sud donidden entlaaschten.

Drëttens: D'Schüler aus dem sechste Schouljoer kënnen hir Schoulpflicht am Lycée Belval ofschléissen, andeem se sech entweder an d'Septième d'enseignement secondaire oder d'Septième d'enseignement secondaire technique et régime préparatoire aschreiwten;

an véiertens: De Lycée Belval focaliséiert sech haaptsächlech op d'Domänen vun der Mécanique a vum Mécanicien d'auto.

Et ass also an deem Sënn kloer, dee Lycée offréiert de Regime vun der Formatioun Technicien am Cycle complet de la division mécanique, section mécanique générale et section mécanique d'automobiles. An en offréiert am Régime professionnel d'Métiers et professions vun der Mécanique, mécaniciens d'usinage, mécaniciens industriels, mécaniciens d'automobiles, magasiniers du secteur automobile, mécatroniciens, les carrossiers, débosseleurs et les peintres d'autos. Derbäi kennt eng Formatioun fir déi Beruffer, déi mat der Gestiou vu Gebaier zesummenhänken; wéi Installateurs sanitaires, Installateurs de chauffage, vu Ventilatioun a Klimatisatioun.

Insgesamt komplettéiert dee Lycée Belval déi Offre scolaire, déi am Pôle Sud besteet. Hie mécht also do en zousätzlecht Ugebuet, mat Ausnahm vu gewësse Beruffer, déi an deene spezialiséierte Lycéeën do forméiert ginn: de Génie civil, d'Hôtellerie, den Tourisme, d'Agriculture an d'Professions sociales.

Voilà! Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll ënnersträichen, dass d'Kommissioun de Rapport unanime ugeholl huet. An ech wëll hei vun der Geleeënheet profitéieren, souwuel den Dammen an den Hären aus der Kommissioun Merci ze soen, dem Sekretariat an all deenen, déi an iergendenger Form mat un der Ausaarbechtung vun deem Projet deelgeholl hunn. Et mussen der vill sinn, fir zu engem Resultat ze kommen.

Ech wëll mer och erlaben ervirzeesträichen, dass dat neit Konzept, wat och hei weidergefuert gëtt, keng raimlech Trennung virgesäit fir Schüler ab dem zwielfte Liwensjoer an entspriechend opraunt mat der künstlecher Trennung. Dat bedeit méi demokratesch Ofleef. Dat bedeit méi Chancëgläichheet, an domat manner Échec, an am Endeffekt - an dorëm geet et eis jo alleguer - positiv Perspektive fir déi Betreffen, fir spéider op dem Aarbechtsmaart kënnen ze réusséieren.

Ech wëll ervirsträichen, dass d'LSAP dee Projet votéiere wäert.

» **M. le Président.** - Här Castegnaro, eng Fro vum Här Grethen.

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Natierlech.

» **M. Henri Grethen (DP).** - Här President, ech wollt de Rapporteur froen, ob an der Kommissioun Reflexiounen iwwert den Numm vum Lycée gefuert goufen. Soll dee Lycée «Lycée à Belval» heeschen oder soll dee Lycée en Numm kréien? Sollt en nämlech en Numm kréien, géif ech zum Beispill suggéréieren, dass een deen nom fréieren Aarbechtsminister an Escher Buergermeeschter Antoine Krier géif nennen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Wie kann dann do nach Nee soen?

(Brouhaha)

Mä ech géif mengen, do géifen et nach e puer aner Leit ginn, déi mat dierften...

(Interruption)

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Dir hutt et erausfonnt, Här Jaerling! Mä ech mengen et sollt een déi Propos do unhuelen a se do diskutéieren, wou se higehéiert.

Merci alleguer.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Castegnaro. Dann huet d'Rapportrice vum Projet de loi 5657, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval, d'Wuert. Madame Andrich!

**Rapport de la Commission des Travaux publics**

» **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an

Dir Hären, mat deem heite Gesetzesprojet stëmme mer dann elo de Bau vun deem neie Lycée op der Industriebrooch zu Belval. E puer Widderhuelunge wäerten dann och net ausbleiwe vun deem, wat mä Virriedner eventuell schonn ugeschnidden huet. De Lycée Belval, e wichtege Projet an där ganzer Rëtsch vun Investissementer vum Stat an aneren Acteuren, déi aus Belval eng nei städtesch Zon wäerte maachen an doriwwer eraus zum Opbléie vun der ganzer Region Süde bäidroen wäerten.

De Projet de loi 5657 ass vum Här Baute-minister Claude Wiseler den 20. Dezember 2006 hei an der Chamber déposéiert ginn. De Projet war motivéiert an et louche Pläng, en Devis an och eng Finanzfiche bäi. Bei dëser Geleeënheet wëll ech drop hiweisen, wéi mer et elo just virdrun héieren hunn, dass d'Educationnsministesch den 31. August 2006 de Projet de loi 5607 déposéiert huet, deen d'Schafung vun deem neie Lycée zu Belval virgesäit, an esou huet et sech als sënnvoll ugesinn - d'Madame Brasseur huet schonn drop higewisen -, fir déi zwee Gesetzesprojeten an därselwechter Chamberssitzung ze stëmmen.

De Statsrot huet säin Avis den 20. Mäerz 2007 ofginn. Doropshi gouf ech an der Bautekommissioun vum 7. Mee als Rapportrice bestëmmt, an an därselwechter Sitzung sinn och de Gesetzestext an den Avis vum Statsrot analyséiert ginn. De schrëftleche Rapport gouf dann an der Sitzung vum 21. Mee eestëmmeg ugeholl.

D'Décisioun vum Bau vun engem Lycée zu Belval op dem Terrain vun der Suessemer Gemeng entsprécht de Besoinen u Schoulinfrastrukturen, esou wéi se am sektorielle Plang fir d'Lycéeë virgesi sinn. Et ass grad am Süden, wou dës Besoinen am stäerkste sinn.

Do ginn zousätzlech nei Plaze fir insgesamt 3.260 Schüler gebraucht. Dobäi kommen dann nach 50% vun deene ronn 10.000 jëtzege Schüler aus dem Süden, déi sech de Moment nach an aner Lycéeën, also vun anere Géigenden, déplacéieren. Si sollen hire Schoulwee duerch dës Dezentralisatioun verkierzt kréien. D'Schüler fir den neie Lycée sollen haaptsächlech aus de Gemenge Suessem, Monnrech, Schëffleng, Esch, Keel, Rëmeleng a Reckeng op der Mess kommen. D'Opnahmefähigkeet vum Lycée Belval läit tëschent 1.216 an 1.513 Schüler, déi a 67 Vollzäitklassen an a 14 Deelzäitklassen opgedeelt sinn.

Ech wëll kuerz ervirhiewen, dass dëst Gebai ausserhalb vun de Schoulstonnen och der Kollektivitéit zur Verfügung steet an nei Austauschméiglechkeeten hei offréiert.

E besonnesche Virdeel vun deem Site Belval ass - et ass och scho gesot ginn -, dass en iwwer eng exzellent Ubannung un den öffentlechen Transport verfüge wäert. Den Uschloss un d'Schinnennetz geschitt iwwert den Tracé Péiteng-Esch-Beetebuerg-Lëtzebuerg. E speziellen Zucharrët Belval-Lycée, deen tëschent der Zuchantenne Belval-Usine a Bieles-Stadhaus geschaf gëtt, erméiglecht de Schüler en einfachen Zougang zum Lycée.

Den Accès un den öffentlechen Transport iwwert d'Strooss ass och beschkens garantéiert an op déi Uertschaften zougeschnitten, wou d'Schüler hierkommen. Eng Autobusgare gëtt provisoersch op dem Site vun dem zukünfte Sportszentrum ageriicht bis de Site definitiv aménagéiert ass. Zousätzlech ass de Site dann ugebonnen duerch eng regulär regional Transportlinn tëschent den Uertschaften.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer och kuerz ze widderhuelen, wéi eng Schouloffer am Lycée ugebuede gëtt, well d'Gebai jo och deenen Ufuerderungen entsprieche muss.

(**M. Jos Scheuer prend la Présidence**)

D'Schouloffer begräift déi ënnescht Divisioun vum Secondaire classique souwéi den ënneschten Zyklus an de Régime préparatoire vum Secondaire technique, ausserdeem nach de kompletten Zyklus vun der genereller technescher Divisioun an de mëttleren Zyklus vun de Gesondheets- a Sozialberuffer. Da kennt nach de Regime vun der Technikerausbildung mat den Divisiounen Mécanique générale an Automéchanik derbäi.

Beim Régime professionnel begräift d'Offer Beruffer vun de Mécaniciens d'usinage souwéi déi aus der Industrie an Autosbranche. Zousätzlech steet och eng polyvalent Infrastruktur zur Verfügung mat zwee Atelieren, fir déi Schüler, déi eng Léiermaachen, um leschte Stand vun der Technik ze halen. Et ass och eng Klass vun der Éducation différenciée virgesi fir Schüler mat spezielle Besoinen.

Fir weider Informatiounen zu där Schouloffer verweisen ech awer op den Exposé des motifs vum Gesetzesprojet, deen heirobber vill méi am Detail ageet.

De Bauprogramm fir dës Schouloffer baséiert schlussendlech op engem Standardprogramm, deen extra vum Educationnsministère opgestallt gouf, fir dass dës Bauprojekte méi séier sollte prett sinn. Hei a graffen Zich, wat alles virgesinn ass:

56 Schoulsäll, 21 spezial Säll a 25 Atelieren. Fir den Accueil vun de Schüler an enger gudder Ambiance sinn e Festsall, eng Kantin mat 400 Plazen, eng Cafeteria mat 100 Plazen an eng Bibliothék mat Liessall geplangt. D'Sportsinfrastruktur besteet aus enger Sportshal mat dräi Säll, engem polyvalente Sall an engem Dëschttennissall. Weider verfügt se och iwwer genuch Vestiaires. Eng Piscine kennt eréischt am Kader vum Bau vun engem zukünfte regionale Sportszentrum derbäi. D'Administratioun schlussendlech gesäit Büroe fir d'Direktioun an déi administrativ Servicer, Lokaler fir d'Enseignants an technesch Lokaler vir.

Dann e puer Kommentaren zur Architektur vun deem Projet, well de Lycée hei reit sech urbanisteschesch gutt an de Parc Belval an a verbënnt d'Squaremille mat deem neie Wunnquartier Belval-West. D'Architektur dréit der Schafung vun engem gënschtegen Ëmfeld fir d'Schüler Rechnung, déi esou mann wéi méiglech duerch äusser Eemstänn gestéiert gi sollen, zumools well hei ronderëm jo nach während Jore Chantierë wäerte sinn.

D'Gebai ass op véier Niveauë verdeelt. Besonnesch ervirzehiewen ass, dass iwwerall natierlecht Liicht erakënnt an och d'Raimlechtekeete manuell kënnen geléit ginn. Um Rez-de-chaussée sinn haaptsächlech d'Infrastrukture fir den Accueil virgesinn, dat heescht d'Kantin, d'Cafeteria, d'Bibliothék an de Festsall. E groussen Entréeshalle, deen och als zouene Préau ka genotzt ginn, stellt déi zentral Zirkulationsachs duer. D'Klassesäll an déi speziell Säll sinn op deenen ieweschte Stäck verdeelt, wougéint d'Atelieren an déi technesch Lokaler um allerënneschten Niveau um Rez-de-jardin ze fanne sinn.

Des Weidere wëll ech ënnersträichen, dass den Energiekonzept gutt iwwerduecht ass an en niddregen Energieverbrauch erméiglecht. De Lycée gëtt un dat städtesch Netz, dat de ganze Site beliwwert, ugeschloss.

Dann e Punkt, deen net esou onwichtig ass, dat sinn d'Finanzen. De Käschtepunkt vum Bauprojet ass op 110.875.000 Euro beim Bauindex vum 1. Abrëll 2006 chiffriert. De Projet gëtt vum Établissement public vum Fonds Belval ausgefuert fir de Stat. Wat dann d'Entretienkäschte vun de Lokaler ubelaangt, esou ginn déi pro Joer op 872.400 Euro geschat. Déi jährlch Consumatiounsonkäschte solle sech op 1.120.900 Euro belafen.

Bei den Diskussiounen da vum Gesetzesprojet huet d'Bautekommissioun alle Remarques a Suggestiounen vum Statsrot, déi all redaktioneller Natur waren, Rechnung gedroen, ausser där, déi sech op de Bauindex bezitt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer zum Schluss och nach e puer Mercien auszedeelen, un éischer Stell un d'Mataarbechter vum Greffe an aus der Fraktioun, mä och un den Här Baute-minister a seng Verwaltung fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht.

Ech ginn heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun zum virleiende Projet a soe Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci der Madame Andrich. Als éischt ageschriwwen Riednerin hu mer d'Madame Hetto.

**Discussion générale**

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech emol dem Rapporteur, dem Här Castegnaro, villmools Merci soe fir säi flotten an och komplette Rapport. Ech mengen, et ass scho vill gesot ginn. Ech versichen dat dann esou gutt et geet ze compléieren.

Wann een neie Lycée geschaf gëtt, da muss dat souwuel vum Choix vum Site hier wéi awer och virun allem vun der Offre scolaire hier gutt duerchduecht sinn. De Lycée Belval ass niewent Réiden a Jonglënster deen zweete vun dräi Lycéeën, deenen d'Regierung absolut Prioritéit zougesot huet. Et ass awer och deen zweeten no Réiden, deen op der neier Organisatioun vun de Schoulinfrastrukture baséiert, esou wéi se am Plan sectoriel «Lycées» virgesi sinn.



De Plan sectoriel «Lycées» gesäit bis 2010 eng Croissance vun 1.000 Schüler pro Joer vir, an dat fir de gesamten Enseignement secondaire a secondaire technique hei am Land, woubäi déi héchste Croissance natierlech am Süden ze erwaarden ass. Et läit am Fong geholl vun dohier op der Hand, dass dann deen neie Lycée och op Belval kënnt, Belval mat ronderëm senge grousse Wunngebidder Esch, Bieleles, Eilereng, Monnerech, Féiz a Schëffleng.

De Virdeel vum Site Belval besteet en plus doranner, dass en immens einfach fir d'Schüler aus de Gemenge ronderëm ze errechen ass; sief et iwwert d'Strooss, mam Auto, mam Bus oder via den Eisebunnsréseau. D'Schüler aus dem Süde si méi séier zu Belval wéi an der Stad. Et kann ee sech dohier am Fong geholl och gutt virstellen, dass de Choix vum Gebai, dat ee sech eraussicht fir ze studéieren, dann do derduerch och vereinfacht gëtt. Laang Transportzäite si fir kee vu Virdeel. A wann ee se kann évitéieren, tant mieux.

Et ass sënnvoll, dass d'Kanner aus de Gemenge ronderëm op Belval via den öffentlechen Transport kommen, amplaz 20 km iwwert eis Stroosse bis an d'Stad zrëckzeleeën. Wa mer awer elo wëllen d'Schüler fir den öffentlechen Transport sensibiliséieren an hinnen den Accès op de Site Belval wëllen erméiglechen, ouni dass se mussen en cours de route ëmsteigen, dann ass et awer och kloer, dass an deem heite Fall eng direkt Verbindung tëschent dem Lycée an Uewerkuer-Déifferdeng misst geschaf ginn.

Den Tunnel, deen tëschent der Schmelz Belval an der Schmelz Déifferdeng besteet, ass am Moment fir de rengen Giddertransport geduecht, also fir de Stoltransport. An deen Tunnel, dee misst wierklech fir de Persounentransport ëm- an ausgebaut ginn.

Also et ass sécher, dat ass elo net déi bëllegst Léisung, mä si ass awer sënnvoll. Dohier och vun hei aus elo wierklech en Appel un de Bauten- an un den Transportminister, déi elo leider net heibanne sinn, mä ech hoffen, dass se de Message awer kréien, fir dës nei Direktverbindung ze schafen.

D'Distanz zum Gebai, wou d'Schüler an d'Schoul ginn, dat ass ee Kritär. Mä e ganz anere spillt beim Choix vun enger Schoul och hei mat, an dat ass an deem heite Fall d'Attraktivitéit vum Site.

Wann nämlech dee ganze Site op Belval bis fäerdeg ass, dann ass do e formidablem Zentrum entstanen. Zesumme mat der Uni Lëtzebuerg, dem Lycée an deene villen aneren Infrastrukturen, déi nach dohinner kommen oder déi et och schonn do gëtt. Ech denken do zum Beispill un d'Rockhal.

Belval gëtt also engersäits en Zentrum vum Wëssen an op där anerer Säit en Zentrum vun der Fräizäit. E Lieu de rencontre fir jonk Leit, e Site mam Flair vun enger Unisstad - also e ganz liewege Quartier.

Belval mat senger attraktiver Architektur wäert och spéider als en Ensembel wierken, deen net hétéroclite zesummegewierfelt ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Site ass deen ee Volet, d'Offre scolaire deen aneren.

Am Lycée Belval ginn de Cycle inférieur am Secondaire, de Cycle inférieur moyen a supérieur am Secondaire technique an awer och de Régime préparatoire ugebueden.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet an hirem Avis d'Fro opgeworf, ob et noutwendeg ass, dass all Lycée technique déi dräi Cyclë vum Secondaire muss offréieren.

Wat den Technique ubelaangt, esou gëtt sech heibäi op d'Formation vun der Mécanique an der Mécanique automobile spezialiséiert. Dës Ausbildungen, dat hu mer och héieren, ergänzen d'Offer vun deenen anere Lycéeën am Süden, esou dass elo an der Südregioun wierklech sämtlech Formationen, déi et an eisem Schoulsystem gëtt, ugebuede ginn. Mat Ausnahm vun deenen, fir déi et spezialiséiert Etablissementer gëtt, wéi zum Beispill d'Hôtellerie, d'Agrikultur oder och d'Gesondheetsberuffer.

Heiduerch gewënnt also d'Regioun Süde weider u Selbststännegkeet an et kann dem Verkéiersopkomme vum Süden a Richtung Stad entgéintgewierkt ginn.

Här President, erlaabt mer nach kuerz op d'Lëscht vun deene Leit anzegoen, déi am neie Lycée Belval wäerte fir den optimalen Encadrement vun de Schüler suergen.

Dës Lëscht schéngt relativ komplett ze sinn. Allerdéngs sinn ech der Meenung, dass op 1.500 Schüler ee Psycholog carrément ze wéineg ass. An enger Zäit, wou ëmmer méi jonk Leit psychesch a séilesch Problemer

hunn, wou Mobbing an Aggressiounen ënnert deene Jonke permanent zouhuelen, do ass et eng Urgence, dass eng spezialiséiert Equipe den Enseignanten zur Säit steet an och d'Schüler ënnerstëtzt.

An enger Zäit, wou Elteren duerch hire Beruff ëmmer manner Zäit hu fir sech ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmere, ginn Educateurs, Pedagogen a Psychologe gebraucht, fir deene jonke Leit zur Säit ze stoen.

Mir mussen alleguer bedenken, dass e Schüler vu Septième just bis e puer Méint virdrun zum Deel de ganzen Dag an der Maison relais encadréiert war, an elo, véier Méint méi spéit, wou en an der grousser Schoul ass, dacks sech selwer iwwerlooss ass. Mir sollten also net op der falscher Plaz spueren.

Fir ofzeschléissen hätt ech nach eng Fro un d'Madame Minister. Ech wollt vun Iech wëssen, Madame, ob am Lycée Belval och esou speziell Classes mosaïque virgesi sinn, an där verhalensopfälleg Jonker opgefaange ginn, éier se dann duerno nees an hiren regulärer Klass integréiert ginn. Klassen, déi et zum Moment och schonn zu Bouneweg an och am Aline-Mayrisch gëtt.

Esou Klasse sinn eng absolut luewenswäert Initiativ, well mer de Schüler net mat senge Problemer eleng loossen, mä mir ginn de Problem aktiv un. Mir bidden eng Hëllefstellung un an erméiglechen et, se duerno nees am normale reguläre Parcours ze integréieren. Awer: Mir ginn och hiren Klass an hiren Enseignanten d'Chance zur Rou ze kommen.

Esou vill vu menger Säit. Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» Une voix. - Très bien.

» M. le Président. - Merci, Madame Hetto. Dann huet den honorabelen Här Meisch d'Wuert.

» M. Claude Meisch (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer deenen zwee Rapporturen, der Madame Andrich an och dem Här Castegnaro, ze félicitéiere fir hire mëndleche wéi schrëftleche Rapport; deen een iwwert de Bau, deen aneren iwwert de Fonctionnement vum Lycée um Belval.

Et ass e puermol schonn ugeklongen: Et ass wichteg, dass mer net fir d'éischt iwwert de Bau schwätzen, e Gebai plangen, ufänke mat bauen, eventuell de Bau ofschléissen an dann eis eréischt Gedanke maachen, wéi dee Bau dann herno soll intern fonctionnéieren, wéi e mat Liewe soll gefëllt ginn, wat fir en Enseignement soll drakommen a wéi dat Gebai herno soll richteg genotzt ginn. An duerfir ass et absolut ze begréissen, dass mer hei Bau a Fonctionnement an der Chamber zäitgläich, souguer an eng Sëtzung kënnen huelen, kënnen d'Diskussioun och zesumme féieren.

Well et ass kloer, dass de Bau ëmmer iergendwéi a Fonction vum Fonctionnement ass, a beim Fonctionnement, wann ee weess, wat een herno do wëllt ubidden, muss natierlech och gläichzäitig gekuckt ginn, dass d'Gebai deem Fonctionnement ugepasst ass.

Wichteg ass och, wann d'Gesetz gestëmmt ass iwwert de Fonctionnement vum Lycée, wann d'Etablissement gestëmmt ass, dass dann och kënnen éischt Démarchë geholl ginn, fir zum Beispill eng Direktioun ze schafen, fir och Leit do scho kënnen ze chargéiere mat der Organisation, déi och am Virfeld vum Fonctionnement vun der Ouvertür vun engem Lycée ganz wichteg ass; a wichteg Aarbechte kënnen maachen, fir zum Beispill schonn am Virfeld de Projet d'établissement kënnen auszeschaffen, ze preparéieren; a fir eben och Suerg ze droen, dass an der Phas vum Bau wierklech och d'Interesse vun der Offre scolaire mat berücksichtegt ginn.

D'lescht Woch hu mer iwwer en anere Lycée geschwat, nämlech dee vu Schengen-Pärel; e grenziwwerschreidende Lycée, e Lycée mat enger ganz grousser Symbolik.

Nun, dëse Lycée vu Belval dréit net manner Symbolik a sech, ganz eleng scho weinst dem Site. Well mer wëssen, dass de Site Esch-Belval wéi keen anere fir de Strukturwandel an der ganzer Südregioun steet. Well mer wëssen, dass Dausende vun Aarbechtsplazen am Laf vun deenen nächste Jore wäerten do nei geschaf ginn. Aarbechtsplaze vläicht an enger Form, déi bis ewell fir de Süden éischer ongewinnt waren. Well mer wëssen, dass och do héich qualitative Wunraum wäert geschafe ginn. Do wou fréier geschafft ginn ass, wou elo zanter enger Rei vu Joren eng Friche industrielle ass, wäerten herno Leit schaffen, se wäerte wunnen.

Et wäerten eng ganz Rei vu staatlechen Arichtungen dohinner kommen, déi jo scho geplangt sinn; wou d'Planung op d'mannst gradsou wäit virugaangen ass wéi bis ewell déi hei vum Lycée vu Belval. An dass am Laf vum Ieschte Joer - dat wësse mer jo och - d'Dexia hir Dieren um Belval opgemaach huet. Deen héije rouden Tuerm, deen elo do iwwert de Minett erausragt, dee vu ville Säite ka bewonnert ginn, ass och ee Symbol fir den neie Süden, fir de Süde vu muer. A ganz vill jonk a manner jonk Leit treffe sech jo och an der Rockhal fir do Concertë lauschteren ze goen.

Dat heescht, dass wat zur Symbolik an deem Site Esch-Belval drastécht, ass zum Deel scho Realitéit ginn, a mat deem Vote vum Projet de loi haut iwwert d'Schafung vun engem weidere Lycée op deem dote Site am Süde komme mer där Realitéit e weidert Stéck méi no.

Op dem Site selwer wäerten eng ronn 6.000 Leit herno wunnen, nieft deene vill méi Leit, déi do schaffen. Do wësse mer awer och, dass an där ganzer Südregioun, an eng Rei vun de Virriedner hunn dat och schonn ënnerstrach, eng grouss staark dynamesch demographesch Entwécklung stattfonnt huet an och nach déi nächst Jore stattfanne wäert, esou dass ganz besonnesch de Besoin am Süde besteet, fir weider esou Schoulinfrastrukturen ze plangen an ze bauen an natierlech och duerno a Betrib ze huelen.

Ech wëll op een Aspekt agoen, dee mer opgefall ass am Avis vun der Chambre des Employés privés, déi kritiséiert hunn, dass d'Konzept vum Lycée nach relativ vag ass. Elo kann dat domadder zesummenhänken, dass mer awer eréischt plange fir 2010 d'Dieren an deem Lycée opzemaachen.

Trotzdeem mengen ech awer, wéi ech virdu gesot hunn, dass op där enger Säit Konzept a Bau enk musse matenee reliéiert sinn, an dass virun allem och d'Konzept muss deem Rechnung droen, wat den Aarbechtsmaart freet. Mir stelle fest, dass mer en Aarbechtsmaart hunn, wou vill Aarbechtsplaze geschaf ginn, a mir stellen och fest, dass mer oft jonk Leit, déi hei am Land eng Formation gemaach hunn, net ëmmer deem Besoin do Rechnung droen. Also musse mer kucken, wa mer nei Schoule plangen, dass do och dem Besoin vum Aarbechtsmaart Rechnung gedroe gëtt, och dem Aarbechtsmaart an där Regioun.

Wann ech gesot hunn, dass hei 6.000 Leit herno wäerten op Esch-Belval wunne kommen an dass et duerfir scho Grond genuch ass, dass dann och dee Site do, deen neie Quartier am Häerz vum Süden e Lycée kritt, da wëll ech awer och ze bedenke ginn, dass eng Stad wéi Déifferdeng zum Beispill mat ëmmerhin 20.000 Awunner haut nach ëmmer kee Lycée huet. Dir wësst, vu wat ech schwätzen.

Ech wëll nach emol zrëckkucken op eng Rei vun Diskussiounen, déi mer hei an der Chamber haten, wou mer souguer scho Motioune gestëmmt hunn, dass d'Regierung soll kucken, dach och endlech emol eng deementspriechend Schoulinfrastruktur am Secondaire op Déifferdeng ze setzen.

Mir wëssen, dass momentan d'Prozedur leeft am Kader vum Plan sectoriel «Lycées», no deem jo nach e weidere Secondaire an de Süde soll kommen, a mir als Déifferdenger op jidde Fall ginn eis Hoffnung net op, dass mer och dann an deem Kontext do eng Kéier zum Zuch wäerte kommen am Interessi vun deene ganz ville jonke Leit bei eis an der Gemeng.

De Süden ass eng Regioun, déi sech dynamesch virun allem um demographesche Plang entwëckelt, wou ganz vill jonk Leit wunnen. Wann een d'Demographie awer nach emol bei eis an der Gemeng speziell kuckt, da si mer nach eng Kéier eng vun deene jéngste Gemengen an der ganzer Südregioun. Do dernieft hu mer och eng ganz staark dynamesch Entwécklung bei eis an der Gemeng. Ech hu gesot, mir sinn haut iwwer 20.000 Awunner - 20.400, fir méi preis ze sinn.

A mir hunn awer och schonn Estimatiounen opgestallt, dass mer am Laf vun deenen zéng Joer op d'mannst nach eng Kéier 15%, dat heescht op d'mannst 3.000 Awunner kënnen bäikréien, wann déi Wunnensbauprojete realiséiert ginn, déi och bei eis um Territoire elo momentan do an der Planung sinn, ugeduecht si respektiv souguer schonn an der Realisatiounsphas sinn.

Vläicht nach just ee Chiffer derbäi: Wa mer kucken, wéi vill Kanner mer haut an deenen éischten dräi Joer vun der Primärschoul bei eis an der Gemeng hunn, da sinn dat der net manner wéi 928. A wa mer elo sechs Joer virausdenken - a mer wësse jo, dass et heiansdo ganz laang brauch hei am Land

vun der Décisioun, fir e Lycée anzwousch ze implantéieren, bis dee Lycée da wierklech seng Fonctionn kann ophuelen -, wa mer also sechs Joer virausdenken, da sinn dat lauter Kanner, déi dann an de Cycle inférieur vum Secondaire oder Secondaire technique wäerte goen. Dat heescht, quasi 1.000 Schüler, déi dann aus der Gemeng Déifferdeng eleng kéinten den Ënnergrad vun engem Gebai ausmaachen. Also nach e Grond méi, fir wierklech hei no Déifferdeng ze kucken.

Dir wësst, dass d'Gemeng Déifferdeng villes an d'Weeër geleet huet, fir deen Dossier do ze preparéieren. Ënner anerem hu mer och an eisem Bebauungsplan en Terrain reservéiert. Mir hunn en Terrain reservéiert, dee ganz zentral läit tëscht deenen eenzelnen Uertschaften Déifferdeng, Uewerkuer a Foussbann, wat jo och net ëmmer méi méiglech ass an anere bestehende Stied, fir matzen an enger Uertschaft och esou eng Schoulinfrastruktur kënnen ze implantéieren, wat och zur Beliewung vun der Uertschaft bäidréit, a gläichzäiteg esou zentral läit, dass se ganz no ugebonnen ass un déi eenzel Verbindungsweeër vum privaten an och vum öffentlechen Transport.

Wéi gesot, mir Déifferdenger ginn d'Hoffnung net op, dass och eis Kanner eng Kéier kënnen an en eegestännege Lycée bei eis an der Gemeng goen.

Nach ee Wuert zu deem Tunnel, deen d'Madame Hetto ugeschwat hat. Effektiv, et gëtt Iwwerleeungen an der Regioun tëscht de Gemenge Suessem an Déifferdeng an awer och bei de staatlechen Instanzen, fir d'Verkéiersplanung nei ze iwwerdenken an deem doten Eck - och well mer wëssen, dass duerch de Projet Esch-Belval an duerch déi Leit, déi dohinner wunnen a schaffe kommen an herno och wäerten an d'Schoul kommen d'Verkéiersplanung eng aner muss sinn, wéi se haut nach momentan ass. Mir wëssen, dass do nei Zuchstrecken ugeduecht sinn, dass do nei Stroosseverbindungen ugeduecht sinn.

Nun, d'Gemenge Suessem an Déifferdeng hu viru kuerzem d'Initiativ geholl, fir zesummen eng Rei vu Propositionen an deem doten Domän ze maachen, wou och eng ganz konkret Proposition dann dran ass, fir déi Zuchverbindung auszebauen tëscht Esch-Belval, Belval-Mairie an den Uertschaften Uewerkuer, Déifferdeng, Nidderkuer, weider dohinner, wou effektiv en Tunnel dra virgesinn ass, an do dernieft och wéi gesot d'Proposition, fir de Stroosse-réseau nei unzedenken.

Déi Propositionen hu mer mat de Ponts et Chaussées a mat ganz villen anere staatlechen Instanze bis ewell diskutéiert. Mir als Gemenge wollten do och eng Kéier aktiv e Leadership iwwerhuelen a Propositione maachen, déi dann herno, wa se vun de staatlechen Instanzen iwwerholl ginn, och direkt bei de Gemengen op e fruchtbare Buedem stoussen.

Dat gesot, wëll ech Iech Merci soen a selbstverständlech nach eng Kéier op den initiale Sujet zrëckkommen, nämlech den Accord vun der Demokratescher Partei zu deenen zwee Projets de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Meisch. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch. Dir hutt d'Wuert, Madame Mutsch.

» Mme Lydia Mutsch (LSAP). - Merci, Här President. Et ass also gewosst, d'Schülerzuele wuessen an déi bestehend Lycéeë plazen aus allen Néit. De Plan sectoriel fir d'Lycéeë gesäit vir, dass an dësem Beräich Neel mat Käpp gemaach ginn, fir dass aus deene villen Noutléisungen, déi op ville Plazen am Land entstane sinn, keng Normalitéit gëtt. An dat ass och gutt esou.

E Merci der Rapporteuse, déi och an hirem ausféierleche Rapport iwwert de bauleche Volet rappéléiert huet, wéi dréngend de Bedarf un neie Schoulgebaier ass, an och natierlech e Merci un de Rapporteur iwwert de pedagogesche Volet, deen ontrennbar mat allen Infrastrukturopage verbonnen ass.

Genuch Schoulraum ze hunn, deen de Besoinë gerecht gëtt, ass méi wéi nëmme



eng Noutwendegkeet, mä eigentlech d'Grundvoraussetzung fir méi Chancë-gerechtegkeet a fir d'Verbesserung vun der Startpositioun vun eise jonke Leit um Wee an hiert spéidert Beruffsliewen. D'Zukunft vun eisem Land hänkt zu engem ganz groussen Deel dovunner of, dass mer esou vill wéi méiglech gutt qualifizéiert Leit kréien. Mir wäerten och an Zukunft drop ugewise sinn an och Demandeur sinn, dass aus dem Ausland Leit bei eis op Lëtzebuerg schaffe kommen, mä et ass och oder grad wichteg, dass déi Jugendlech, déi hei opwuessen, eng besser Chance op eisem Aarbechtsmaart kréien, deen ëmmer méi onerbittlech gëtt fir Jonker, déi keng uerdentlech Ausbildung hunn.

Den Trend, dass mer a grousser Zuel nei Aarbechtsplaze schafen an de Chômage net zäitgläich am selwechte Mooss erfgeet, muss gebrach ginn. Den Zukunftsprojet Esch-Belval weist besonnesch gutt, wéi d'Zäite sech geännert hunn. De Wiessel vun enger Ekonomie, déi virrangeg un d'Industrie gekoppelt war, zu enger Ekonomie, déi zousätzlech den Déngschtleeschungs-secteur viséiert a ronderëm d'Universitéit, d'Recherche an d'Innovation d'Wëssens-gesellschaft preparéiert, ass hei ganz gräifbar.

Dëse Wiessel bréngt enorm Chancë mat sech. An zwar net nëmme fir d'Regioun Süden, awer am Besonnesche fir d'Regioun Süden. Bildung ass e Schlësselement fir eis Zukunft. An d'Aart a Weis, wéi mer Jugendlecher ausbilden, muss adaptéiert ginn am Groussen a Ganzen. Déi Zäiten, wou d'Lëtzebuurger Schoul ganz Generatiounen ausgebilt huet, fir op d'Schmelz schaffen ze goen, hu sech geännert, an de Spektrum vun den Erausfuerderunge gëtt ëmmer méi breet.

D'Schoulreform, un där am Moment geschafft gëtt, ass dréngend noutwendeg. An déi strukturell Reformen, déi do drunhänken, mussen esou schnell wéi méiglech ëmgesat ginn.

Am Kader vum Budget, wou strukturell Adaptatiounen onerlässelech sinn, ass et oft net einfach ze ënnerscheeden tëschent verzichtbaren Dépensen an deenen Zukunftsinvestitiounen, ouni déi mer eise Standard um wirtschaftlechen a bildungspolitesche Plang net méi kënnen hale respektiv weider verbesseren.

Bildung ass deemno ganz eendeitig ee vun deene Pilieren, wou mer net dierfe spueren. Eis Schoule brauche keng Palaisen ze sinn, mä an engem iwwerfëllte Container, an deem et am Wanter ze kal ass an am Summer onerträglech waarm, ass et schwéier, wann net souguer onméiglech, fir déi richtig Aarbechtsatmosphär opzebauen.

D'Regierung ass sech däärs bewosst. Dat wësse mir heibannen. Dat weist den Nodrock och, mat där si de Plan sectoriel ëmsetzt. De Lycée Belval ass een Element dovunner, wou fir ronn 1.500 Schüler an 170 Enseignanten déi ausräichend an net iwwerdrifwe finanziell Moyaenë geziilt a rationell affektéiert ginn. Et gëtt virun allem investéiert an eng professionell Struktur an an d'Aarbechtsmaterial, zu deem och d'Atelierë gehéieren. Meng Virgänger si scho ganz am Detail dorobber agaangen, esou dass ech dee Passage elo ganz ewechloossen.

Qualitativ méi héichwäerteg gëtt de Projet sécher och mam integréierten Energiekonzept. Och dat ass eng Ausgab, déi sech net nëmme rechtfertige léisst, mä an enger nohalteger Optik onerlässelech ass. Et ass e Surcoût, dee sech amortéiert an dee virun allem eise Verfflichtungen am Beräich vum Klimaschutz Rechnung dréit.

Wa mer vu Klimaschutz schwätzen, an dat maache mer jo Gott sei Dank ëmmer méi an dësem Haus, ass et net eleng domat gedoen, e géeeigent Schoulgebai dohinzesetzen. Wichtig ass och d'Fro an deem Zusammenhang, wéi déi honnerte vu Schülerinnen a Schüler an hir Enseignanten all Dag an hir Schoul kommen. Och den Ausbau vum öffentlechen Transport a virun allem vum Schinnennetz ass eng Investitioun fir d'Zukunft, déi net därerf ze kuerz kommen.

Fir d'LSAP-Fraktioun ass et ganz positiv, dass de Quai fir den Zuch virun der Schoul fest mat ageplangt ass a soll fonctionnéiere

wann de Lycée opgeet. Vu dass mer um Site Esch-Belval e ganz héijen „modal split“ wëllen erreechen, hoffen ech, dass den Ausbau vum Schinnennetz net hei ophält. D'Pläng, fir déi Zuchlinn weiderzeféieren an de Süden iwwer e kohärent Schinnennetz respektiv mam Projet Tram ze verbannen, besti jo schonn zu engem groussen Deel - net fir jiddferee leider - oder sinn amgaang diskutéiert ze ginn. E groussen Deel dovou kéint am Laf vun deenen nächsten zéng bis 15 Joer ëmgesat ginn. Och hei stellt sech d'Fro, wivill finanziell Moyaenë mir kënnen a wëllen a Projeten investéieren, wou mer elo scho sécher wëssen, wéi wichteg se si fir eis Zukunft.

Mir brauchen deemno a vill méi staarkem Mooss wéi bis elo e Mentalitéitswiessel an eng nei Dynamik, wa mer all den Erausfuerderungen, déi op eis zoukommen, wëlle gerecht ginn. Wa mer wëlle Gewunnechten änneren, da musse mer an der Schoul kënnen ufänken. D'Schüler solle vun Ufank un d'Erfahrung maachen, dass et Spaass mécht, aktiv ze sinn, an dass ee kann eppes erreechen, wann ee sech drugëtt.

Dem Sport kënnt hei eng ganz wichteg Roll zou, well kierperlech a geeschteg Aktivitéit hänke jo bekannterweis enk zesummen. Mir mussen net iwwerall am Land Wellness-Tempele bauen. Duerfir hu mir - souguer mir! - haut d'Moyenen net méi, mä mir brauchen eng vernünfteg Infrastruktur fir de Schoulsport, deen eis Jugendlech animéiere soll, iwwert déi zwou Stonnen am Schoulprogramm eraus an hirer Fräizäit sportlech aktiv ze ginn. Schüler, déi regelméisseg Sport maachen, si méi gesond a sinn och mental méi fit. Dat schéngt bewisen ze sinn. Wa se de Sprong vum Schoulsport dann och nach an de Sportsveräin packen, da verbessere se och hir sozial Kompetenzen. Dat ass an der Aarbechtswelt vu muer a vun haut mindestens esou wichteg, wéi gutt Punkten op der Zensur.

An dësem Projet si Sportssäll fir d'Schüler vum Lycée mat integréiert. Dernieft soll e regionale Sportzenter mat Schwämm gebaut ginn, deen och vum Lycée ka mat benotzt ginn. Ech hoffen, dass dëse Projet ebenfalls zügeg virukënnt, fir dass mer net iwwert ze laang Zäit en Enkpass kréien. De Sportzenter ass selbstverständlech net nëmme fir d'Schüler vum Lycée do. Et kann ee sech och keng Universitéit, déi knapps 800 Meter vum Lycée Belval wäert ewechleien, ouni Sportsinfrastruktur virstellen, ofgesinn dovunner, dass zu engem neie Stadsdeel, wou ëmmer méi Leit wunnen a schaffe kommen, och eng valabel Sportsinfrastruktur gehéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, de Lycée Belval ass net nëmmen eng zousätzlech Schoul am Süden. De Lycée Belval ass ee Baustee vun engem groussen Zukunftsprojet, deen nëmme gelénge kann, wann et zu engem liewegen Austausch kënnt tëscht deenen, déi do wunnen, hire Kanner, déi do an d'Schoul ginn, de Studenten an de Fuerscher, déi vu bausse bäikommen, an de Leit, déi do schaffen.

Mir hoffen, dass déi eenzel Elementer vun dësem grouse Projet zousätzlech an zäitlech openeen ofgestëmmt a konsequent realiséiert kënne ginn, fir dass dësen Austausch méiglech gëtt. Eis Fraktioun ass frou, dass de politesche Wëllen dofir am Moment eendeitig do ass, an hofft, dass déi Dynamik, déi ronderëm de Site Esch-Belval entstanen ass, an deenen nächste Joren ongebremsst viru ka goen. Ech kann dofir ofschléissend déi onageschränkten Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet mat op de Wee ginn.

**» M. le Président.** - Merci, Madame Mutsch. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

**» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi 5607 décidéiere mer, datt mir e Lycée zu Bieles schafen, a mam Projet de loi 5657 décidéiere mer, datt mer e bauen. Ech beschränke mech op de Projet de loi 5607. Iwwerschneidunge sinn - an dat hunn och scho meng Virriedner gesot - net ze vermeiden. Dat sinn zwee ganz wichteg Gesetzter, mä et ass scho villes gesot ginn, an dat wäert mer et erlaben, mech kuerz ze halen.

De Bau vun dësem Lycée ass am Plan sectoriel «Lycées» virgesinn. Et sollen hei 1.500 Schüler ënnerdaach kommen. Déi meescht wäerte vun Esch, Bieles, Éilereng, Monnerech, Féiz a Schëffleng kommen. Den neie Lycée ass gutt accessibel iwwert d'Eisebunn a mat Bussen, mä - et ass och scho vun deene meeschte Virriedner gesot ginn - och hei sinn nach Verbesserungen dran. Ech denken do un eng Verbindung a Richtung Déifferdeng, ënnert der Belval-Märei erduerch.

Am Lycée ginn an deenen ënneschte Klassen d'Schüler aus deenen dräi Regimer enseignéiert: dem Secondaire technique, dem Secondaire préparatoire an dem Secondaire. Am Cycle moyen a supérieur vum Enseignement secondaire technique ginn eng Rei Formatiounen ugebueden als Ergänzung zu deene Lycéeën, déi et schonns am Pôle Sud gëtt. Et ass urgent, datt mer dëse Lycée bauen. Hie gëtt e wichtegt Glidd am Pôle d'enseignement Sud.

Mir begrëisse selbstverständlech, datt dësen neie Lycée op Esch-Belval gebaut gëtt. Mir hunn awer och zur Kenntnis geholl, datt domat de Mangel un adequate Schoulstrukturen am Süde vum Land net geléist ass. Am Exposé des motifs geet Rieds vun 3.649 Schülerplazen, déi bis 2010 misste geschaf ginn. Dat ënnersträicht d'Urgence fir dëse Lycée ze bauen. Dat ënnersträicht awer och, datt mir domat nach net fäerdeg sinn a weider Schoulinfrastrukturen am Süde brauchen, grad wéi am Rescht vum Land.

Mir si frou, datt de Bau vun engem zweeten neie Lycée am Süde schonn diskutéiert gëtt, a mir erwaarden eis, datt et och bei dësem Bau zügeg mat Plangen a Baue virugeet. Et weist awer och wéi schwiereng Planung vu Schoulinfrastrukturen ass, a wéi schnell eis Pläng vun der Realitéit iwwerholl ginn, well och déi Zuelen, déi am sektorielle Lycéesplang stinn, mussen elo schonns no uewe revidéiert ginn.

Op d'Avisen zu dësem Projet de loi ass den honorabele Rapporteur, den Här John Castegnaro, jo och schonn agaangen. Ech soen him Merci fir säi Rapport. Et huet sech jo och keen Avis géint de Bau an d'Schafung vun dësem Lycée ausgeschwat.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics war nawell ganz kritesch an hirem Rapport. Datt si sech nach ëmmer d'Fro stellt, ob et eng gutt Iddi ass, datt all Schüler vun engem Ordre d'enseignement an den ënneschte Klassen an engem Gebai sinn, dat kenne mer jo scho vun deenen anere Projeten. Fir déi Gréng - an ech menge mëttlerweil och fir eis alleguer - ass d'Äntwert ganz einfach: Jo, dat ass eng gutt Iddi.

E bësse méi seriö huele mer da schonn d'Kritik vun dëser Kummer, ob d'Éducateurs an d'Éducatrice genuch forméiert sinn, fir hire schwierigen Aufgaben an de Lycéeën nozekommen. Mir mengen, datt mir do mussen Erfahrung sammelen. A wann déi sollten negativ sinn, da musse mer eventuell mat Édicateur- an Éducatrice-graduéeën norüsten.

Mir bedauere selbstverständlech och, datt dëse Lycée net mat engem innovativen pädagogesche Konzept richtungsweisend ass, zemools wou mer hei op engem absolut zukunftsweisende Site sinn, wou Schoul, Uni, Recherche an Economie phantastesch Synergie kënnen agoen. Mir hunn hei keng Ganzdagsschoul an och keen Internat geplangt, wat op dësem Site hei eigentlech net ze verstoen ass.

Domat soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeit an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

**» M. le Président.** - Merci, Här Adam. Den nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, wann ech gelift!

**» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kréien a leschter Zäit eng etlech Gesetzesprojete virgeluecht iwwert d'Méiglechkeet fir Lycéeën ze bauen an och fir natierlech d'Gestioun dovunner ze organisieren. Ech wëll och deenen zwee Rapporteur, der Madame Andrich-Duval an dem Här Castegnaro, villmools Merci soe fir hir detailéiert Rapporten.

Ech hunn déi eenzel Articlele vum Projet de loi portant création d'un lycée à Belval ganz andächtig duerchgelies. Et gesäit een, datt do effektiv all interessant an noutwendeg Artikelen dra sinn. Et sinn der am Ganze sechs.

Ech erënnere mech awer, Madame Ministerin, datt, wéi mer de Lycée vun Dummeldeng diskutéiert hunn, do nach e siwenten Artikel derbäi war. Dee feelt dës Kéier. Et ass deen, wou gesot gëtt, wien dann Direkter soll ginn am Lycée. Dofir wollt ech d'Madame Ministerin froen, firwat dann elo dës Kéier esou en Artikel heidra feelt? Ass dat, well dat elo vläicht e Revirement ass an der Politik vun der Regierung, datt se dat an Zukunft dem Gesetz iwwerléisst? Oder ass et eng Kéier esou an eng Kéier esou, jee nodeem wien dann elo soll Direkter ginn?

Duerfir wëll ech och froen, Madame Ministerin, ob Der mer kënnt soen, wien dann elo Direkter hei gëtt an deem Lycée.

Well et schéngt e bësselchen esou ze sinn, datt dat schéin arrangéiert gëtt.

**(Interruption)**

Dofir mengen ech, datt ee sech e puer Froe stelle kann, woufir dat heite Gesetz keen Artikel 7 huet. Vlächcht wäert et an deem nächste Lycée nees entstoen. Bref, ech wollt déi Problematik awer kuerz uschneiden.

Da muss een och festhalen, datt mer dës Kéier e Lycée fir 1.500 Schüler bauen. Zu Dummeldeng war et ee fir 800 Schüler.

**(Interruption)**

Jo, ech verstinn an der Tëschenzäit och, datt, wann een en Directeur fantôme huet, da kann deen dat natierlech och nure maache fir d'Halschecht vun...

**(Interruption)**

...därselwechter Pai, mä da muss en natierlech manner Aarbecht hunn. Do gesäit een, datt also mat verschiddene Mesurë geschafft gëtt.

D'Fro stellt sech och, wat dann nun d'Richtlinn ass vun der Regierung iwwert d'Zuel vu Schüler, déi mussen oder kënnen an engem Lycée sinn.

**» M. Robert Mehlen (ADR).** - Dat ass eng wichteg Fro, dat!

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

**» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Entweder 800...

**» M. Ben Fayot (LSAP).** - Här Henckes, hutt Dir déi Schoul zu Dummeldeng gestëmmt am Joer 2002 oder net? Jo oder Neen?

**» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - 2003 hu mer se gestëmmt,...

**» M. Ben Fayot (LSAP).** - Voilà! Très bien.

**» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - ...mä do als eng Annex vum Lycée technique du Centre, fir deen ze décongestionnéieren.

**» Une voix.** - Dir loosst lech net provozieren.

**» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - An do wollt ech och nach ervirsträichen, datt mer elo also 1.500 Schüler hunn, an datt mer am Lycée technique du Centre 2.700 Schüler hunn, mat deenen, déi an den Owescoursë sinn 3.700, an ee sech also d'Fro muss stellen, ob do net en Dédoublement vun deem Lycée soll erfollegen, wann een déi Norm hei vu 1.500 soll respektéieren.

Dofir wär ech frou, wann d'Regierung ons kéint soen, ob elo déi Norm vu 1.500 bis 1.500 - et muss jo ëmmer eng kleng Variatioun sinn an de Schülerzuelen -, ob dat elo déi offiziell Norm ass, no deenen allequerten d'Lycéeë wäerten envisagéiert ginn, oder ass dat nees erëm verschidde vu Lycée zu Lycée. Ech erënnere drun, datt et a Frankräich 800 bis 1.000 ass pro Lycée.

Da gesäit een och, datt mer, grad wéi am Lycée zu Dummeldeng, e Personnel d'encadrement hunn, haaptsächlech Psychologen an Édicateurs gradués oder simples, datt een also och do en Encadrement muss hunn. Mir fannen dat och eng gutt Saach. Mä och do gesäit een, oder et schéngt mer weinstens esou, datt déi Proportiounen tëschent deenen, déi zu Dummeldeng engagéiert sinn, au niveau Édicateur an Édicateur gradué a Psycholog, datt mer der do méi hunn, wéi hei. An och do wär ech frou, wann d'Regierung ons kéint soen, op wat fir engen Normen dat dote baséiert, well jo am Prinzip déiselwecht Gewichtung steet, mä an de Proportionen schéngt dat heiten awer net de Fall ze sinn.

Da muss een och feststellen, datt mer generell e Problem wäerte kréien, an dat mat den Effektiver u qualifizéierten Enseignanten. Et gesäit een aus deenen Zuelen, déi ons zur Verfügung stinn, datt tëschent 1990 an 2005 d'Zuel vun de Schüler vu 14.539 op 19.432 eropgaangen ass. Dat ass eng fantastesch Augmentatioun, an den Trend geet nach ëmmer an deem Sënn weider.

Wat déi genee Pronosticen ugeet, do weess een näischt Genaues, well an deenen zwee Rapporten gëtt de Statec mat Donnéeën zitéiert, déi elo schonn net méi aktuell schéngen ze sinn. Mir gesinn hei vir, datt mer hei 171 Enseignantë brauche fir dëse Lycée, an et muss ee sech d'Fro stellen: Wou komme se hier? Wann ech déi Donnéeë kucken, déi mer gesot gi sinn, da gesäit een aus eisen Unien, datt lëtzebuergesch Enseignantë wäerten ufänken ze feelen, datt mer do an d'Labrante kommen, an datt mer also musse kucken, fir eventuell den Enseignement méi wäit opzemaache fir Leit, déi eng Qualifikatioun am Ausland hunn an déi net d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn.



Mardi,  
19 juin 2007

Dofir wollt ech also och do wëssen, ob d'Madame Ministerin eis soe kann, wéi déi Evolutioun e virgesi sinn, wat d'Besoinen un Enseignantë sinn, ob mer hei um lëtze-buergesche Maart genügend Enseignantë kënnen an Zukunft fannen. D'autant plus, datt sech och eng Fro stellt iwwert d'Durée wou d'Enseignantë studéiere mussen, well elo hu mer der, déi véier Joer Uni maachen. An Zukunft wäerten et där sinn, déi fënnef Joer Uni maachen, wat also den Délai vergréissere wäert bis se am Enseignement kënnen postuléieren a well mer mussen évitéieren, datt mer déi zwou Duréeë vum Enseignement, fënnef Joer a véier Joer, wou d'Leit mussen am Ausland studéieren, datt mer déi op een Nenner loossen.

Dat sinn eng etlech Froen, déi debattéiert gi sollen. Ech wollt se hei kuerz nuren uschneiden. Ech menge mir wäerten an der zoustänneger Kommissioun an och soss an der Chamber nach e puermol dozou d'Méiglechkeet kréien, fir ze debattéieren, mä ech wär awer frou, Madame Ministerin, wann Der hei an der Chamber an domat och der Öffentlechkeet e puer Indikatiounen kéint ginn, wéi sech déi Problematik do stellt.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR zu dësem Projet bréngen, a well ech schonn dobäi sinn och den Accord zu deem zweete Projet de loi, dee vun der Madame Andrich-Duval als Rapportrice virgestallt ginn ass.

»»» **M. le Président.**- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Aly Jaerling.

»»» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Här President, deenen zwee Rapporteurs vu menger Sait och Félicitatiounen fir hiren explizite Rapport. Ech mengen, et ass fir mech besonnesch begrëssenswäert, dass dësen neien technesche Lycée op Esch kënnt, och wann en op Belval kënnt. Naja.

»»» **Une voix.**- Dat ass net wäit fort.

»»» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- D'Rapporten hunn am Fong déi technesch a strukturell Elementer hei all virgedroen, déi beim Bau vun esou engem Lycée wichteg sinn, an och de Käschtepunkt vun deem Ganzen hei virbruecht, ausser vun engem Element, an dat ass de Käschtepunkt vum Terrain.

De Präis vum Ar vum Terrain, fir staatlech Infrastrukturen um Site Belval ze bauen, ass zwar gesetzlech festgeluecht, mä de Gesamtkäschtepunkt vum Terrain gëtt an deem Rapport net ernimmt. Dofir wollt ech och vun der Regierung wëssen, wéi de Präis vun deem Terrain ass an deen eis dann haut och matzedelen, fir dass dee Rapport komplett ass.

Da géif ech och gäre wëssen, op wat fir eng Aart a Weis datt deen Terrain entsuergt gëtt a wat mat deem verseuchte Buedem, deen do jo awer ass, geschitt. Gëtt e wéi all déi aner Biedem einfach um Hellege-Geescht-Plateau op e Koup getippt a versigelt? Wann dat de Fall ass a wann dat an Zukunft soll esou weidergoe mam Optippen, da kënnen mer do geschwënn eng Biergetapp vun der Flèche du Sud aplangen.

Des Weidere wollt ech op de Käschtepunkt hiweisen, dee mer deemools matgedeelt gouf iwwert den Terrain, deen zum Beispill op Terres Rouges hätt misse sanéiert gi wéi do sollt e klassesche Lycée gebaut ginn. Do wäeren anscheinend 4,7 Milliounen Euro noutwendeg gewiescht fir dës Sanéierung, fir de Buedemaustausch. Fir d'Portance vum Terrain wäeren nach eng Kéier 10,3 Milliounen noutwendeg gewiescht a fir d'Ofrappe vun ale Gebailechkeeten nach eng Kéier 5,4 Milliounen.

Fir d'éischt hat d'Agora do Buedemanalyse gemaach an den Terrain ass als bebaubar deklaréiert ginn. De Bau vun engem klassesche Lycée gouf dann och do ugekënnegt a guttgeheescht. Duerno komescherweis ass dann eng Analys vun de staatleche Laboratoirë gemaach ginn, an hoppla, du war den Terrain verseucht, d'Sanéierung ze deier an net méi bebaubar, an dat haaptsächlech weinst dem Käschtepunkt vu bal 21 Milliounen Euro fir d'Sanéierung.

Do stellt sech dann awer och d'Fro, wat de Käschtepunkt vun där Sanéierung da bei dësem Projet ass. Da muss ee sech d'Fro stellen iwwer all deen entsuergte Buedem, deen um Hellege-Geescht-Plateau vum Site Belval opgetippt gëtt. Wien huet doriwwer d'Analyse gemaach a wéi fiabel si se, well déi vun der Agora, déi si jo anscheinend net fiabel, soss hätt de Ministère jo keng zousätzlech fir d'Terres Rouges misste maachen.

Oder war dat Ganzt nëmmen eng Inszenéierung, fir de Bau vun engem Lycée op Terres Rouges ze verhënneren? Op de Site

Belval kommen op jidde Fall Leit wunnen, et komme Kanner studéieren, an do muss awer d'Gesondheet an d'Sécherheet Virrang hunn. Duerfir, Här President, wär ech frou, wann d'Regierung mer op déi Froen awer elo géif eng Äntwert ginn.

An ech wär och frou gewuer ze ginn, ob de Site Terres Rouges dann elo aus alle Planungen eraus ass, well d'Sanéierung ze deier gëtt, oder wou mer do op deem Site histeieren. Schliesslech hu mer jo awer do nach 11 ha Terrain zur Verfügung an déi könnte genotzt ginn, ebe fir e klassesche Lycée ze bauen, well de Lycée Hubert-Clément zu Esch net méi duergeet an aus allen Néite platzet.

Et kann ee jiddefalls op kee Fall d'accord si mat Projeten, déi da soen, de klassesche Lycée Hubert-Clément, do géif bäigebaut ginn, well en typescht Beispill zu Esch hu mer scho vun engem Lycée, dee bäigebaut ginn ass, dat heescht dat war den technesche Lycée op der Plaz Victor Hugo. Dat Gebai, wat virun 100 Joer gebaut ginn ass, dat steet nach, mä dat, wat hannendru bäigebaut ginn ass, ass no 20 Joer zesummegefall. Also esou een Abenteuer géif ech dann awer roden net méi anzegoen, mä direkt ze kucken en neie klassesche Lycée op Esch ze bauen, fir de Lycée Hubert-Clément dann awer ze entlaaschten.

An och wann dann d'Sanéierung vun deem Terrain Terres Rouges och esou deier gëtt wéi en elo ass, ech sinn awer der Meinung, dass mer dat solle maachen, well hei si jo schonn esou vill Suen an de Sand gesat gi fir iwwerdeiert Projeten. Esou Suen an e Lycée ze investéieren, ass keen ewechgeheitent Geld, zumools wann ee weess, datt e blutnoutwendeg ass, an zumools wann een hei aus alle Reien ëmmer erméiert, dass mer mussen an d'Education investéieren, dass d'Education déi eenzeg Chance ass, fir eise Kanner spéider Aarbechtsplazen ze ginn. Ech géif mengen, da soll een hei net ufänken iwwert de Präis ze diskutéieren, mä da soll een éischter...

(*Coups de cloche de la Présidence*)

»»» **M. le Président.**- Här Jaerling, Dir musst zum Schluss kommen.

»»» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Ech muss net, Här President. Ech hu siwe Minutten. Mä well Dir et sidd, halen ech dann awer elo op.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

(*Hilarité*)

»»» **M. le Président.**- Leschte Riedner ass d'Madame Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

»»» **Mme Viviane Loschetter** (*DÉI GRÉNG*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech schwätzen dann als Member vun der Bautekommissioun an domadder wëll ech och direkt nach eng Kéier preziséieren, datt effektiv dee Projet de loi dem Plan sectoriel «Lycées» och entsprécht. En huet och grad am Kontext vun deem Plan sectoriel eng gewëssen Urgence; wat mer och als solch unerkennen.

Eng ronn 50% vun de jonke Leit, déi am Süde wunnen, fuere bis an d'Stad respektiv bis weider erop an den Norden. Ech denken och, dass dëst Verhalten net nëmme mat dem Mangel u Plaz ze dinn huet. Sécherlech wëllen och eng Rei vu Jugendlechen an d'Stad an d'Schoul goen, anerer maachen eng Formatioun, déi net iwwerall ugebuede gëtt, a mussen duerfir vläicht bis op Dikrech oder op Ettelbréck oder op Miersch fueren. Heiansdo spillt och d'Attraktivitéit vun engem Gebai eng wesentlech Roll bei der Auswiel vun engem Schüler oder vun enger Schülerin a souguer vun hiren Eltere beim Choix wou een dann elo an d'Schoul geet.

Mat enger Rei vu subjektive Kritäre kann dëse geplangte Lycée awer sécherlech opraumen, well seng Gestaltung soll herno erlaben, zimlech zentral um Site Belval ze sinn, an engem Park, deen och vill Rencontre-Méiglechkeeten ubitt.

E puer Remarquen zu der Konzeptioun.

De Site ass IVL-gerecht, wat enorm wichteg ass fir 1.500 Schüler a Schülerinnen ze empfänken an d'Zuel vun deenen dozougehéierende Proffen. Ech denken, dat dierf een ni vergiessen. Et komme jo och eng ganz Rëtsch Proffen all Dag an dat Gebai.

Hei och, gradso wéi beim Lycéesprojet vun där leschter Woch, gëtt versicht, niddreg Energiewärter ze errechen an eng optimal Energieeffizienz am Gebai ze gestalten.

Mir begrëissen och - obwuel mer mussen ënnersträichen, datt eigentlech kee Bauteprojet sech eng aner Approche leeschte kann -, datt mir dat eng flott Approche

fannen. Ech huelen un, och de Bauteminister gesäit dat d'selwecht wéi mir.

Ech hunn awer allerdéngs e puer Froen. Vlächcht kënnt Dir drop äntwerten, Madame Ministesch?

Firwat ass bei enger estiméierter Capacitéit vu 1.500 Schüler a Schülerinnen e Restaurant scolaire virgesi fir nëmme 400 Schüler a Schülerinnen? Gëtt et do eng Masse critique, déi dës Proportionalitéit géif justifiéieren?

Eng zweet Fro wier, ob all Installatiounen behënnertegerecht sinn. Et ass jo e Lift do, dee behënnertegerecht ass, mä ganz oft mierkt een, och an nei gebaute Gebaier, datt dann awer d'Toilette oder d'Toilettendier net esou behënnertegerecht ass. Dofir meng Fro: Sinn all Installatiounen behënnertegerecht?

Ech wëll déi Fro och stellen, well jo eng gewësse Kollaboratioun och mat der EDIFF virgesinn ass. Elo si se net alleguerten natierlech un de Rollstull gebonnen, mä ëmmerhin denken ech ass dat jo och eng Verflichtung, déi e Bauteministère awer muss virgesinn.

Et ass och schued, datt un deem Site net dru geduecht ginn ass, wéi zum Beispill zu Bouneweg oder wéi zum Beispill zu Miersch, fir eng Offer un Internat virzege-sinn. D'Argument ka jo net eleng sinn, dass dës Jugendlech all an der Süd-géigend wunnen an dass dofir keen Internat gebraucht gëtt, well mir gesinn eben d'Offer un Internater als eng pedagogesch Mesure fir verschidde Jugendlecher. Ech hunn dat schonn d'lescht Woch hei erkläert. Dat ass e wichtegt Element.

Mir wënschen ons, datt dëse Site um Lycée Belval et wäert erméiglechen, an e batter noutwendegen, och enke Kontakt mat der Aarbechtswelt, de Betriber ze kommen. Ech erënneren drun, datt och d'Pépinières d'entreprises sollen op de Site Belval kommen an datt sech wäerte kënnen Synergië kreéieren tëscht der Schoul, tëscht de Betriber, vlächcht och tëscht der Uni, déi um Site sech wäerten implantéieren.

Dann ass virgesinn, datt dee Bau fäerdeg ass am Joer 2011. Dat kléngt immens wäit ewech vun elo 2007. An trotzdeem meng Fro: Ass dat wierklech e realistesch Datum oder ass do eng kleng Sécherheets-pufferzon agebaut ginn? Ass et eventuell méiglech, datt dee Lycée souguer éischter wéi 2011 fäerdeg gëtt?

Voilà, dës Remarquë gemaach respektiv dës Froe gestallt, wëll ech och den Accord zum Bauteprojet da vum Lycée Belval vun der grénger Fraktioun ginn.

»»» **M. le Président.**- Merci, Madame Loschetter. D'Wuert huet elo d'Regierung, d'Madame Unterrechtsminister Mady Delvaux.

»»» **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren dann am Numm vun der Regierung an och vu mengem Kolleeg, dem Här Wiseler, op d'Froen ze äntwerten. Hie kënnt méi spéit. Wann dann nach Froen opbleiwen, ass e jo zur Verfügung, fir eventuell den Deputéierten nach dorobber ze äntwerten - wann ech dann net sollt komplett sinn.

Ech wëll lech fir d'éischt Merci soen, de Rapporteurs, awer och all menge Virriedner, an ech freeë mech iwwert dee Konsens - dat gëtt jo eng Unanimitéit - fir déi zwee Bauteprojeten. Ech freeë mech natierlech, dass mer e Vote haut kréie fir en neie Lycée ze bauen am Süde vum Land. Et ass elo awer net esou, dass ech net méi aus der Freed géif erauskommen.

(*Hilarité*)

Éischstens sinn ech frou, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, de Bau an d'Fonctionnement zesummen ze stëmmen. Ech ka mech erënneren, dass ech an der Chamber war, wou mer eng Motioun gestëmmt hunn, dass ëmmer misst, wann en neit Gebai gebaut gëtt, d'Fonctionnement derbäi geregelt ginn. Dat hu mer hei esou gemaach an dat wäerte mer och an Zukunft esou weiderféieren.

Ech bestätegen och déi Aussoen, déi gemaach gi si vu verschiddenen Deputéierten, dass dat Gebai och eng Symbolik kritt. An enger Regioun zu Belval, wou eigentlech Frichten de Moment sinn, dass do en neie Lycée entsteet, soll eng Opbrochstëmmung gi fir eng ganz Regioun. Ech denken, dass dee Lycée där Roll soll gerecht ginn.

Ech wéilt och ënnersträichen, dass de Lycée natierlech nëmmen een Element ass an enger ganzer Planifikatioun vun enger Friche. Hei sinn e ganze Koup Remarquë gemaach gi vum Ubannen, vun der Uni, déi do-

hinner gebaut gëtt, vun deene Wunnengen, déi dohinner gebaut ginn. Do soll jo eigentlech eng nei Stad praktesch oder en neie Quartier entstoen an dee Lycée soll een Element dovunner sinn.

Selbstverständlech sinn och nach Sportsinfrastrukture geplangt. Et soll jo nach eng regional Piscine dohinner kommen. All dat ass an der Maach.

Mä ech sinn elo frou, dass mer mam Lycée weiderkommen, well mer - wéi jo jiddfereen hei ënnerstrach huet - eng Urgence hu fir Schoulraum ze schafen.

Wichteg war natierlech, dass mir, d'Éducation nationale, wa mer en neie Lycée bauen, mussen e Bauprogramm eraginn. Mir musse soen, wat fir eng Formatiounen ginn ugebueden an där neier Schoul, well soss ka jo net sënnvoll geplangt ginn. Dat ass geschitt. Ech mengen, meng Virriedner hunn et alleguerte gesot. Et kënnt e Cycle inférieur dohinner. Selbstverständlech déi dräi Ordres d'enseignement.

Ech wëll och nach ënnersträichen, dass dat eng Konstant ass. Et ass wichteg, dass mer dee Mélange hikréien zwësche Kanner aus dem Classique, aus dem Technique an aus dem Préparatoire. Well all Erkenntnisser weisen, dass d'Kanner ee vun deem anere léieren. Dass et net ass fir Ghettoen ze maache fir déi eng a fir déi aner, well et ass net profitabel fir déi eng a fir déi aner.

Derniewent kënnt jo dann e Cycle moyen dohinner, d'Professions de santé an d'Professions d'éducation, an et kënnt e ganze Régime technique dohinner. Da kënnt e Régime technicien dohinner fir éischter alles wat Mécanique an Autos-mécanique ass an datselwecht fir de CATP.

Esou wäit hu mir eis misse virschaffen. Ech wéilt awer elo bei all deene Froen, déi hei gestallt gi sinn zum Fonctionnement, ënnersträichen, dass mir elo am Joer 2007 dat Gesetz hei stëmmen. Dass mer am Gesetz stoen hunn, dass Personal, niewent de Professeren, kann hors Numerus clausus recrutéiert ginn. Selbstverständlech gëtt dat Personal elo all zesumme recrutéiert, mä wichteg ass et awer, dass mer eng kleng Equipe recrutéieren, déi dann e Projet pédagogique fir déi Schoulkanner ausschafft.

Mir sinn elo 2007. De Lycée geet hoffentlech, mä ech sinn awer net sécher, d'Rentree 2010 un. Dann hätte mer gutt geschafft. Wann et 2011 gëtt, dann ass et ee Joer méi spéit, mä dat heescht, mir hunn dräi bis véier Joer Zäit, fir dee Projet pédagogique mat deene Leit, déi sech dann dofir interesséieren an déi sech mellen, auszeschaffen.

An dat mécht och den Ënnerscheid mat engem Lycée, wou mer schonn eng Infrastruktur hunn an nëmmen de Fonctionnement stëmmen, well do si jo schonn d'Schüler do, d'Infrastruktur ass do an et muss schnell un d'Funktioniéiere goen. An dësem Fall hu mer dräi bis véier Joer Zäit, fir elo eng Equipe ze sichen, déi e Projet fir déi Schoul do ausschafft.

Ech wëll awer och op déi Fro vun der Madame Hetto äntwerten, déi gefrot huet, ob Classes mosaïque dohinner kommen. All Schoule solle Classes mosaïque bilden, also och déi Schoul hei, mä wéi gesot, si fänkt un am Joer 2010 respektiv am Joer 2011.

Et ware ganz prezis Froe gestallt ginn zur Installatioun, a wat d'Kantin ugeet, firwat nëmme Plaz fir 400 Leit do ass. Effektiv, de Lycée soll 1.500 Schüler ophuelen, mä mir wëllen net an enger Schoul - dat, mengen ech, wär e bësse Verschwendung - soen, mir bauen eng Kantin, wou all Kand zur gläicher Zäit kann iessen. Mir kréie jo Schüler dohinner vu verschiddenem Alter, an dat soll da mat engem Roulement funktionéieren, sou datt eng Equipe no där anerer iesse geet, awer net alleguerte mateneen.

D'Installatiounen sinn alleguerte behënnertegerecht. Si sollen alleguerten esou funktionéieren.

Betreffend d'Froen, déi den Här Jaerling gestallt huet, war ech mer d'Informationen erop sichen a probéieren lech se esou gutt ze beäntworten, wéi ech kann.

De Stat huet op de Frichë Belval 27 ha am Ganzen. Dovunner gi 5,12 ha fir de Lycée



gebraucht an déi aner sti fir déi aner Infrastrukturen zur Verfügung, an do hunn d'Spezialisten ausgerechent, dass dat 30.000 Euro den Ar entsprécht. De Präis, dee bezuelt ginn ass, war 82 Milliounen Euro. Déi huet de Stat bezuelt fir déi 27 Hektar, a wann een dat ëmrechent, da wären dat 30.000 Euro den Ar.

Den Terrain ass net verseucht. Et gëtt gesot no deene Sondagen, déi gemaach gi sinn, dass allerdéngs de Problem besteet, dass den Terrain eventuell kéint rêtschen, an duerfir musse preventiv Piliere gebaut ginn an de Buedem, fir dass en net verrëtscht.

Dir wësst jo och, dass de Fonds Belval hei baut. Et sinn also net d'Travaux publics, déi bauen, oder Bâtiments publics; et ass de Fonds Belval, dee baut. Dir wësst och, dass e Concours war, fir deen Architekt vun deem Gebai do erauszesichen. Mäi Wunsch ass am Fong elo, dass mer esou séier wéi méiglech kënne mam Bau ufänken.

Ech wollt och eppes zum Plan sectoriel «Lycées» soen - vu dass vill verschidden Intervenanten hei eigentlech iwwert dëse Lycée eraus diskutéiert hunn, well, wéi Der richteg sot, mam Vote vun dësem Gesetz a mam Bau vun deem Lycée eis Besoinen un Infrastrukture jo nach net ganz gedeckt sinn. Mir musse jo nach weider plangen a mir sinn zügeg amgaangen.

Dir wësst, dass de Plan sectoriel «Lycées» 2003 presentéiert an diskutéiert ginn ass. En ass och am Mémorial publizéiert. Et ass jo eng laangwiereg Prozedur an de Plan sectoriel «Lycées» gesäit vir, an deem Stadium, wéi en hei ass, dass déi Schoulen, déi gebaut ginn, 1.500 Schüler kréien. Dat ass d'Äntwert op d'Fro vum Här Henckes.

Also, ech hale mech elo, wat déi allgemeng Lycéeën, net wat elo spezifesch sektoriell Lycéeën ugeet, mä wat déi allgemeng Schoulen ugeet, strikt un de Plan sectoriel «Lycées». Do steet dran, dass d'Schoulen tëschent 1.200 a 1.500 Schüler hunn.

An där éischter Phas ware virgesinn, wéi et richteg gesot ginn ass: de Lycée Réiden, de Lycée Belval an de Lycée Jonglënster. De Lycée Jonglënster soll nach virun der Vakanz hei déposéiert ginn.

An da komme mer an déi zweet Phas vun dësem Plan sectoriel, an dee gesäit vir, dass nach dräi weider Schoulen derbäikommen, dovunner eng am Norde vum Land. Ech mengen, do huet d'Regierung elo an der Zwëschenzäit d'Décisioun geholl, dass dat Klierf gëtt. Da sinn nach zwee Lycéeën am Süde geplangt, een am Pôle Sud an een éischter am Centre Sud.

D'Etüde fir déi zwee Lycéeën, déi nach vun der éischter Phas bleiwen, sinn amgaangen. Déi sinn och relativ wäit fortgeschratt, an do wäerten d'Décisiounen an nächster Zäit geholl ginn. Dann denken ech, musse mer eng Evaluatioun maachen a kucken, wéi dann déi nächst Phas vum Plan sectoriel «Lycées» gëtt. Mä ech mengen net, dass et gutt ass, all puer Joer alles op d'Kopp ze geheien, mä dass, wann ee sech eng Prozedur gëtt, ee sech dorunner hale soll. Ech wëll just soen, dass d'Regierung sech hei ganz strikt an deem Kader do beweegt.

Sou, dat gesot, Här President, soen ech Merci am Numm vun der Regierung fir dee breede Konsens, a wéi gesot, ech freeë mech op deen Dag, wou de Bagger leeft, an da geet d'Aarbecht u vum Plange vum Konzept vun deem neie Lycée zu Belval.

Ech soe Merci.

**» M. le Président.**- Merci, Madame Minister. Domadder si mer um Enn vun der Debatt ukomm vun deenen zwee Projeten a mir kommen elo zum Vote. Mir stëmmen fir d'éischt of iwwert de Projet de loi 5607.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5607 ass eestëmmeg ugehall mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel*

*Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Da komme mer zum Vote vun deem nächste Projet. Dat ass de Projet de loi 5657.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel (Interruption et hilarité)**

Här Bettel, ech kann lech soen, dass de Projet de loi 5657 eestëmmeg ugehall ass mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Emile Calmes), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par M. Anne Brasseur), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hätten elo um Ordre du jour d'Heure d'actualité, déi vun der CSV ugefrot ginn ass iwwert d'Sécherheet op der Route nationale N7. Vu dass awer den Här Minister Wiseler nach net hei ass, géif ech der Chamber proposéieren, dass mer fir d'éischt d'Heure d'actualité huelen, déi vun deene Gréngen ugefrot ginn ass iwwert den Espace scolaire vu Miersch, wann d'Chamber domadder d'accord ass.

**(Assentiment)**

Ech gesinn, dass keng Oppositoun dozou ass. Dann huet elo de Verrieder vun der grénger Fraktioun, den honorabelen Här Adam, d'Wuert.

Chamber TV weist all öffentlech Sëtzung

live an integral

mat enger Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

## 6. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉ GRÉNG au sujet de l'évolution future de l'espace scolaire de Mersch

**» M. Claude Adam (DÉ GRÉNG).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Plan directeur sectoriel «Lycées» gesäit Miersch net als Schoulstanduert fir en eegestännege Lycée vir. Dat hat déi deemoleg gréng Deputéiert Madame Dagmar Reuter-Angelsberg schonn 2003 bedauert an dat hat si motivéiert, hei an der Chamber een Ausbau vun der Annex vum Dikrecher Lycée zu Miersch ze froen, fir datt dëse Lycée kéint bestoe bleiwen a sech kéint weiderentwéckelen.

Plan directeur sectoriel «Lycées» hin oder hier, haut gesäit d'Schoulsituatioun zu Miersch anescht aus. Haut ass zu Miersch net just eng Annex vum LCD. Et sinn zënter dem Hierscht 2006 och eng 240 Studente vum Lycée technique des Professions éducatives et sociales op 14° zu Miersch. An et ass och kloer, datt en neie Lycée op Miersch kënnt. Dat werft eng Rei Froen op, an ech wëll duerfir kuerz op déi aktuell Situatioun vun dëse Schoulen agoen a meng Froen un d'Madame Minister stellen.

Fir d'éischt zum Lycée vun den éducativen a soziale Beruffer. Wann zu Miersch alles schnell geet, da soll fir d'Schouljoer 2010/2011 déi nei Schoul stoen. De Bail vum LTPES zu Léiweng leeft mengen Informatiounen no schonn 2008 of. Ass schonn en Accord do, fir de Bail ze verlängeren?

De Projet soll jo an enger PPP, an enger „public private partnership“ gebaut ginn. D'Planunge lafe gutt. Dovunner konnte mer eis de Moien och nach an der Finanzkommissioun iwwerzeegen. Mä wéi ass de parlamentaresche Wee vun dësem Projet?

Am Moment sinn eng 700 Schüler an dësem Lycée ageschriwwen, an dat op de Klassen 12°, 13° a 14°. Dat sinn esou vill Schüler wéi nach ni. Dat hat och schonn den honora-bele Kolleg Marc Spautz dozou verleet ze froen, ob d'Éducateuren net riskéieren am Chômage ze landen.

Am LTPES zu Miersch sollen 800 bis 900 Schüler kommen. Ass dru geduecht ginn, d'Klassen no ënnen ze erweideren, eventuell duerch eng Dixième an eng Onzième générale an/oder auxiliaire de vie? Oder wëlle mer d'Zuel vun den Éducateursdiplomier, déi mer an dësem Lycée ausstellen, nach dätlech eropsetzen?

Zum neie Lycée. Am Rapport d'activités vum Ministère de l'Éducation nationale steet, den neie Lycée kéim mat 900 Schüler och op déi ehemoleg Cepal-Terrainen zu Miersch, an e soll och 2010/2011 fäerdeg sinn. Am Gesetz vum 25. Juli 2005 iwwert d'Schafung vun dësem Lycée steet kloer, datt et sech hei ëm e Lycée fir de Cycle inférieur vum Secondaire technique a préparatoire handelt, a fir de Cycle inférieur an d'Classes polyvalentes vum Secondaire.

Och mat vill guddem Wëllen a mat ganz décke Klasseneffektiver komme mir net op déi 900 Schüler, wa mir beim Cycle inférieur bleiwen. Mir ginn also dovun aus, datt déi Aussoe vum Direkter vum neie Lycée, et géif bis d'Première ausgebaut ginn, net aus der Loft gegraff sinn, an datt d'Madame Minister eventuell méi weess, wéi se op eng Question parlementaire vum Mee 2007 vun der Madame Brasseur geäntwert huet.

Wann een och weess, datt och dëse Lycée soll duerch e PPP gebaut ginn, an datt en en Noper vum LTPES ass, an datt déi zwee Lycéeë solle matenee fäerdeg ginn, da wier et jo schonns bal schlecht geschafft, wann déi zwee Projeten net géife matenee geplangt a gebaut ginn. Dat soll jo och de Fall sinn, hu mer de Moien op alle Fall an der Kommissioun gesot kritt.

Eng éischt Evaluatioun vun dësem Lycée ass jo schonns an der Chamberskommissioun ugekënnegt. Wéi sinn dann elo d'Virstellung vum der Regierung? A weini däerfe mer mat der Schafung vun enger legaler Basis fir dëse Projet rechnen?

Ganz interessant ass och, datt dës zwee Lycéeën en Internat kréien. Iwwert d'Sportsinfrastrukturen ass awer näischt gewuer ze ginn. Duerfir wiere mer och frou, wann d'Madame Minister eis géif iwwert dës Infrastrukture vun deenen zwee neie Lycéeën informéieren.

Da kommen ech zum Lycée, deen am Moment zu Miersch voll fonctionnéiert: d'Annex Miersch vum Lycée classique vun Dikrech. 1994 huet den deemolegen Educatiounsminister Marc Fischbach bei der Direktioun vum Dikrecher Lycée ugeklappt,

mam Wunsch, den LCD sollt e puer Klassen an der Mierscher opmaachen, soss misst dës Schoul zoumaachen. Et ass awer net bei e puer Klasse bliwwen. Den LCD huet direkt déi ganz Organisatioun missen iwwerhuelen, huet ënner net einfache Konditiounen praktesch niewelaanscht zu senge Missiounen zu Dikrech déi Mierscher Schoul gerett.

Duerch d'Gesetz vun 1996 ass den Ausbau vum Mierscher Lycée decidéiert ginn. Fir d'Rentree 2000 konnten déi nei Raimlechkeeten a Betrib geholl ginn. Haut sinn an der Annex Miersch vum Dikrecher Kolléis 450 Schüler am Cycle inférieur vum Technique a Classique. Déi Dikrecher hunn hir Aarbecht zu Miersch gutt gemaach an hir Missioun méi wéi erfëllt.

An der Étude sur l'opportunité de la création d'un lycée dans la zone de recrutement prioritaire Clervaux stinn interessant Zuelen iwwert d'Anzugsgebit vum verschiddene Lycéeën. Fir de Lycée Klierf stinn zum Beispill 1.284 Schüler an der Zone de recrutement insgesamt a 630 fir de Cycle inférieur. An därselwechter Etüd sti fir Miersch 1.526 Schüler an der Zone de recrutement a fir de Cycle inférieur 724.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass ganz kloer keen Argument géint de Bau vun engem Lycée zu Klierf - ee Bau, dee mir jo hei an der Chamber unanime ënnerstëtzt hunn -, mä et ass en Argument fir den Ausbau vun der Annex vum LCD zu Miersch a fir d'Schafe vun engem eegestännege Lycée vu Septième bis Première respektiv Treizième zu Miersch.

Haut sinn am Dikrecher Lycée 2.080 Schüler op dräi Sitë verdeelt. Wa mir dee Mierscher Site selbststänneg maachen, da bleiwen nach 1.600 Schüler zu Dikrech op zwee Siten. Dat misst dach eng grouss genuch Zuel sinn.

Wat déi Mierscher Schoul ugeet, huet den LCD: éischters, d'Kand aus dem Pët gezunn; zweetens, d'Kand geléiert goen. Elo misste mir nach d'Kand op zolidd Bee stellen; dat heescht, him och ee Cycle supérieur ginn. An da misst de Lycée kënnen op sengen eegene Bee stoen a goen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir lafen der Entwécklung an eise Secondaires-Schoulen ëmmer hannendrun. Mir haten dat och elo erëm beim Projet virdru gesot: Mir sinn ëmmer am Retard. Mir hunn net genuch Infrastrukturen. Hei zu Miersch hätte mer emol d'Geleeënheet eng Keier virauszuplengen. Wann aus enger Gemeng, déi net am Plan sectoriel «Lycées» berücksichtegt gouf, éischter duerch Zoufall, well d'Cepal Terrainen huet misse verkaufen, eng Schoulstad gëtt, da solle mer et awer vläicht net ganz dem Zoufall iwwerloossen.

Mir brauche Koordinatioun. Mir brauche Wäitsicht, fir am Zentrum vum Land eng nohaltig Schoulpolitik a Schoulinfrastruktur ze schafen. Zu Miersch ass eng Gare, an et gëtt och relativ gutt Busverbindungen mat vilen Nopeschdiefer. Mir kréien deemnächst dräi Lycéeën op Miersch; zwee, déi d'Schüler aus dem ganze Land dierfte recrutéieren. Mir sollten de Lycée de proximité a seng Bedeitung fir de Mierscher Raum doriwwer net vergiessen.

Duerfir deposéiere mir och eng Motioun, wou d'Chamber d'Regierung opfuert, ee kompletten Zyklus am Enseignement secondaire zu Miersch ze schafen.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant qu'en 1996 il était nécessaire de transformer le Lycée technique de Mersch en annexe du Lycée classique de Diekirch (LCD);*

*- constatant que le Plan directeur sectoriel «Lycées» du Gouvernement mentionne que certains lycées, dont le LCD, «sont trop volumineux» en élèves;*

*- relevant que sans l'annexe de Mersch, le LCD est toujours au-dessus de la capacité optimale d'un lycée;*

*- considérant que pour l'annexe de Mersch, l'offre scolaire se limite aux classes de la division inférieure pour l'enseignement secondaire et secondaire technique;*

*- considérant que la commune de Mersch à une position géographique stratégique et qu'elle offre un accès optimal aux transports en commun;*

*invite le Gouvernement*

*- à étudier le scénario d'une reconversion de l'annexe du Lycée de Diekirch à Mersch en un projet de lycée indépendant offrant l'ensemble des cycles de l'enseignement secondaire.*

*(s.) Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Viviane Loschetter.*